

sée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes (par M. Fred Sunnen), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par Mme Nelly Stein), Marcel Sauber (par M. Marco Schank), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Betten-dorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming-er (par M. Gusty Graas), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Marco Schroell), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rip-pinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi (par Mme Mady Delvaux-Stehres);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Motions

Da komme mer zu deenen zwou Motiounen. Déi éischt gouf vum Här Jaerling agereecht. Dir hutt se schrëftlech virleien an et ass och Stellung dozou geholl ginn. Mir kënnen also direkt driwwer ofstëmmen. Ass e Vote électronique verlaangt?

■ M. Gast Gibéryen (ADR).- Här President, mir haten de Vote électronique verlaangt.

■ M. le Président.- De Vote électronique ass also verlaangt a mir stëmmen of iwwert d'Motioun 1.

Vote

Déi fir d'Motioun si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

D'Motioun ass verworf mat 34 Nee-Stëmmen, 8 Jo-Stëmmen a 17 Abstentiounen.

Ont voté oui: MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Serge Urbany.

Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes (par Mme Nelly Stein), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par Mme Norbert Hauptert), Marcel Sauber (par M. Jean-Marie Halsdorf), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Betten-dorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming-er (par M. Gusty Graas), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. John Schummer), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rip-pinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.

Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Alex Bo-

dry) et Marc Zanussi (par Mme Mady Delvaux-Stehres);

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.

Da komme mer zur Motioun 2 vun der Mme Renée Wagener.

■ Mme Renée Wagener (DÉ GRÉNG).- Entschëllegt, Här President, ech verlaangen och de Vote électronique, well ech weess guer net wéi d'Majoritéit sech hei wëllt verhalten. Ech hat awer geduecht, dat wier e Punkt, wou mer relativ grouss Eenegkeet hätten.

■ M. le Président.- Mir maachen dann e Vote électronique.

Den Här Lucien Weiler freet d'Wuert.

■ M. Lucien Weiler (CSV).- Här President, ech wëll just soen, dass ech all Versteesdemech hu fir Motiounen, déi hei abruecht ginn an all Demanden, déi gemaach ginn. Mä wann d'Regierung dat mécht wat se an deene leschte Wochen hei opgefuerdert ginn ass u Recherchen, Konklusiounen, Analysen, Observatoiren, Etüden a Rapporten, ...

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

■ M. le Président.- Den Här Weiler huet d'Wuert verlaangt an en huet et kritt, an déi aner solle roueg sinn an nolauschteren.

Här Weiler!

■ M. Lucien Weiler (CSV).- Ech géif, Här President, den Här Krecké bidden esou fein ze si mat mir wéi ech haut de Mëtteg mat him war.

(Hilarité)

Also, Här President, ech wollt soen, wann d'Regierung alles dat mécht wat se an de Motiounen opgefuerdert gëtt u Recherchen, Konklusiounen, Analysen, Observatoiren, Etüden a Rapporten, an dann erëm Rapporten iwwert d'Etüden an Etüden iwwert d'Reporten, da ka se net méi dozou komme fir iergen-deppes ze maachen.

(Interruptions diverses)

■ Une voix.- Dat heescht mir maachen elo keng Motioun méi bis d'nächst Joer!

■ Mme Renée Wagener (DÉ GRÉNG).- Här President, ech sinn elo nach méi erstaunt, wéi ech et scho war, well d'Madame Ministesch virdru gesot huet si géif Äschen op hiert Haupt streeën, well do e Manktum géif bestoen. An dofir hätt ech am Fong erwaart, dass eng Eenegkeet do wär fir an d'Richtung ze goe vun deene Punkten, déi an där Motioun hei stinn.

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

Wann Der scho Bedenken hutt, da wär ech frou gewiescht, wann een déi Motioun hei hätt kënnen an d'Kommissioun verweisen, fir dass mir eis weénegstens inhaltlech kënnen domat ausenannersetzen, eng inhaltlech Diskussioun, déi jo anscheinend am Zoustand vu verschiddene Leit, déi heibanne sinn, net méi méiglech ass.

■ M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Dir sollt vum Zoustand vun Ärem Fraktiounspresident net op déi aner schlëssen!

■ M. François Bausch (DÉ GRÉNG).- Här Di Bartolomeo, Dir hätt besser gehat, Dir wäert e bësse méi fréi am Frankelach gewiescht. Dat hätt lech bestëmmt gutt geden.

■ M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Dir schwätzt ganz do-rulechter!

■ M. le Président.- Ech hunn d'Gefill, dass de Rouleau elo geschwënn ofgelaf ass. Ech mengen, mir sollen awer elo seriö hei viru-

maachen, fir dass mer eis Projeten zu Enn kréien.

■ M. Serge Urbany (déi Lénk).- Här President, ech hunn elo Zweifel wéi wann déi Motioun do net géif gestëmmt ginn. Wann déi Motioun do net gestëmmt gëtt, da muss ech allerdéngs soen, dann hunn ech Zweifel wat d'Ausféierung vun deem dote Gesetz ugeet. Well dat ass grad d'Quintessenz vun deem wat Der hei diskutéiert hutt, dass mer emol gäre Statistiken hätten iwwert déi reell Integratioun vun de Leit, dass mer gäre Kontrollmechanismen hätten, dass mer eventuell och gären eng Evaluatioun hätten, ob déi Sanktiounen, déi am Gesetz stinn, duer ginn. Dann huet dat Gesetz vun deem Joer deeseweichte Sort wéi dat vun 1991. Dat ass awer da sécher. An da froen ech mech firwat ech iwwerhaapt fir dat Gesetz hei gestëmmt hunn.

■ M. le Président.- Mir stëmmen elo of iwwert d'Motioun 2.

Vote

Déi fir d'Motioun si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder enthale sech.

D'Motioun ass verworf mat 32 Nee-Stëmmen a 25 Jo-Stëmme bei enger Abstentioun.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Alex Bodry), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Fayot), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par Mme Mady Delvaux-Stehres) et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Marcel Sauber (par M. Marco Schank), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Betten-dorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming-er (par M. Jeannot Belling), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. John Schummer), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rip-pinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.

S'est abstenu: M. Jacques-Yves Henckes.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4801 iwwert d'Violence domestique. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Schank, déi Dammen Nagel an Err, den Här Colombero an d'Madame Wagener.

D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madame Ferny Nicklaus-Faber.

■ M. Lucien Weiler (CSV).- De ganze Mëtteg waren d'Sozialisten esou roueg, op eemol si se erëm wakereg. Et ass komesch!

■ M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, ech géng ëm Är Opmierksamkeet bidden an erwaarden e bëssen Disziplin, well an 12 Stonne musse mer schonn erëm hei sinn. Muer de Moien um néng Auer musse mer eng nei Sit-

zung ugoen. Mir sollen dofir net zum Schluss vun dëser Sitzung ufänken esou en Tächelmächtel opzeféieren.

D'Madame Nicklaus huet d'Wuert.

7. 4801 - Projet de loi sur la violence domestique portant modification 1) de la loi du 31 mai 1999 sur la police et l'inspection générale de la police; 2) du code pénal; 3) du code d'instruction criminelle; 4) du nouveau code de procédure civile

Rapport de la Commission de l'Egalité des chances entre femmes et hommes et de la Promotion féminine

■ Mme Ferny Nicklaus-Faber (CSV), rapportrice.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an Europa schätzt een, dass all Dag eng vu fénnef Fraen der Gewalt ausgesat ass, an éischer Linn der häuslecher Gewalt. No enger amerikanescher Etüd stellt de familiäre Kader de gréisste Risikofacteur duer, wat d'Gewalt géint d'Fraen ugeet. Dës Etüd, wéi vill anerer, kennt zur Konklusioun, dass de Problem weltwäit deeselwechten ass. D'Gewalt an der Famill existéiert an all sozialem Milieu, an all Kultur, an all Altersgrupp.

D'Gewalt doheem, och wa se déi heefegst Form vu Gewalt géint d'Fraen duerstellt, ass awer och déi, déi am mannste sichtbar ass. Obwuel d'Öffentlechkeet an d'Politik sech ëmmer méi fir dese Phenomeen interesséieren a sech géint d'Gewalt doheem ausschwätzen, ass de Sujet nach relativ rezent. D'Violence domestique ass laang Zäit als Privatsaach ofgestempelt ginn a war deementspriedend en Tabuthema.

No kanadeschen Expäre fënnt d'Gewalt an der Famill hir Ursach ënner anere an der Ongläichheet tëschent de Geschlechter. D'Bild, dat eis Gesellschaft nach ëmmer vun der Fra huet, dréit zu dëser Situatioun bai a verleet esou munche Mann ze denken, hien hätt d'Recht Gewalt géigeniwwer senger Fra unzewenden. Dëst erkläert och firwat eis Gesellschaft bis viru kuerzem d'Ae virun der häuslecher Gewalt zou gemaach huet.

D'Zäiten hu sech awer geännert. D'Gewalt doheem huet de Wee bis an d'Öffentlechkeet fonnt, a vill Deklaratiounen, Resolutiounen a Recommandatiounen vun deene leschten zwanzeg Joer, sief dat um internationalen oder europäeschen Niveau, hunn zum Thema „Gewalt doheem“ Stellung geholl. D'Gewalt géint d'Frae gëllt hautdesdaags als eng Verletzung vun de Mënschenrechter, déi absolut inakzeptabel ass.

D'Deklaratioun vum europäesche Parlament vum 11. Juni 1986, wéi och d'Deklaratioun vun der Generalversammlung vun der UNO vum 20. Dezember 1993, oder d'Recommandatioun vum Ministerrot vum Conseil de l'Europe vum 30. Abrëll 2002 si ganz explizit.

D'Gewalt doheem gëtt ugepranger an d'Regierung sinn opgefuerdert déi néideg Moosnamen ze ergräifen, fir méi effikass géint d'häuslech Gewalt virzegoen. Verschidden europäesch Länner, wéi zum Beispill Frankräich oder Éisträich sinn dese Recommandatiounen no komm an hunn hire juristesche Kader op d'Particularitéiten vun der Gewalt doheem ofgestëmmt.

D'Regierungen an d'Öffentlechkeet si sech ëmmer méi iwwert dat, wat um Spill steet, bewosst. D'Gewalt doheem stellt eng Eerausforderung fir d'Gesellschaft duer, op déi kurzfristig eng adequat Äntwert fonnt muss ginn. Déi häuslech Gewalt huet net nëmme schwéierwiegend Konsequenze fir déi betreffen

Affer, mä och e groussen Impakt op d'Gesellschaft selwer. D'Gewalt doheem, déi kascht och Suen. Am Kader vun der Orientéierungsdebatt iwwert d'Violence domestique am Joer 2001 hat ech a menger Ried op eng Etüd vun der Universitéit Freiburg iwwert de finanziell-ekonomeschen Aspekt vun der Gewalt opmierksam gemaach. No dëser Etüd, déi nach ëmmer aktuell ass, géif déi häuslech Gewalt all Joer d'Schwäiz 400 Milliounen Schwäizer Frang kaschten. Dat meescht Geld gëtt dobäi net emol fir Preventioun ausginn, mä fir d'Folgekäschte vun der Gewalt doheem, an dobäi sinn nach nëmmen d'öffentlech Gelder a Betruucht gezu ginn. Wat d'häuslech Gewalt deen eenzelnen oder all Betrib kascht, ass net abegraff.

Et gi keng prezis Statistiken, wat d'Gewalt géint Fraen ugeet. International Etüd schwätze vu 17 bis 34% vun de Fraen, déi der Gewalt vun hirem Partner ausgesat sinn, an dat ass nëmmen d'Spëtz vum Äisberg. Schliesslech komme jo nëmmen déi Fäll un d'Dageslicht, an deenen d'Affer de Courage hatten an d'Öffentlechkeet ze trieden. E groussen Deel vun de Fäll bleift awer am Donklen an ass néierens opgezeechent.

Ee vun de Grënn ass deen, dass an eiser Gesellschaft, trotz enger rezenter Prise de conscience, nach ëmmer vill Leit mengen, d'Gewalt géint d'Frae géif et doheem net ginn oder et wär zumindest net esou schlëmm, wéi et verschidentlech duergestallt géif ginn. Et gëtt och eng Vielfalt vun Definitiounen, wat dat Ganz net méi einfach mécht. Et geet awer aus den allermeeschten Etüden iwwert dese Phenomeen ervir, dass d'Gewalt géint Fraen, virun allem déi sexuell Gewalt, d'Tendenz huet zouzehuelen.

Vun all de Forme vu Gewalt ass d'Gewalt an der Famill awer déi am mannsten akzeptabel, well d'Famill fir jidderee vun ons den Inbegrëff vu Sécherheet a Gebuergeheet ass. Et ass sécherlech och, well mir dese Mythos vun der Famill net wëllen zerstëieren, andeems mir agestinn, dass a ville Familljen d'Gewalt agezunn ass an dass mir Schwierigkeeten hunn, d'Gewalt an der Famill an an der Partnerschaft unzeerkennen.

Zu Lëtzebuerg si sech déi politesch Verantwortlech och am Laf vun deene leschte Jore bewosst ginn, dass ee misst um Plang vun der Preventioun a virun allem um Niveau vun der Reaktioun op häuslech Gewalt méi aktiv gi wéi bis elo.

Fir d'CSV-DP-Regierung sollt een den Affer vun häuslecher Gewalt, an dat sinn net nëmme Fraen, mä och Kanner, eeler, wéi och handicapéiert Leit, e bessere Schutz garantéieren. An der Regierungserklärung vum August 1999 steet, dass eis Legislatioun an déi Richtung ofgeännert soll ginn, dass den Täter d'Familljewunneng verlooosse muss. D'Regierung huet sech hei um éisträichesche Gesetzgeber inspiréiert. An Éisträich gëllt zënter 1997, dass den Täter aus der Wunneng geholl ka ginn. Dës Wegweisung erspuert de Kanner, déi schonn duerch Gewaltzeenen doheem traumatiséiert sinn, vill weidere Misär. Si brauchen net méi mat hirer Mamm vun doheem fort ze goen an an eng aner Ëmgéigend ze plënnere, an eventuell och nach an eng aner Schoul ze goen.

Dës Moosnam soll et der Fra erlaben, eng Décisioun ze treffen, wat hir Zukunft ugeet. Et ass oft d'Angscht, alleng mat hire Kanner op der Strooss ze landen, déi vill Fraen dovunner ofhält eng Plainte ze déposéieren. Si fille sech komplett alleng gelooss a wëssen oft net u wéi se sech wende sollen, obscho Strukturen do sinn, déi si kéinte beroden an och eventuell op huelen. Wa si d'Garantie kréien, dass net si mä den Täter aus der Wunneng goe soll, hu si dee groussen Problem vum Logement emol

net, zumindest net fir déi éischt Zäit. Si kënnen sech da besser op déi verschidde prozedural Démarchen konzentrieren.

D'Iddi, déi am Koalitiounsaccord enthalen ass, ass déi, dass een d'Violence domestique net nëmmen dierf iwwert de Wee vun enger classescher Strofverfolgung bekämpfen. Et geet net duer, den Täter am Nachhinein ze bestrofen. Dese muss sech vun der Gravitéit vu sengem Verhalen - oder besser gesot: Fehlverhalten - am Klore sinn. Déi klassesch Äntwert op d'Gewalt huet den Nodeel net preventiv ze sinn an d'Gewalt ze banaliséieren, andeems een dem Täter am Fong implizit Recht gëtt, gewalttätig ze sinn. Ass et net esou, dass d'Fra an net de Mann d'Wunneng am Prinzip verléisst? Vill Männer gesinn doran d'Bestätigung, dass net si, mä hir Fra oder Partnerin alleng d'Verantwortung fir déi Situatioun dréit.

Mat der Wegweisung an dem domat verbonnenen Hausverbot setzt een e ganz kloert Signal. D'Gewalt an der Famill ass e Verbrechen, wat ee ganz entschiede muss bekämpfen. Ech erënneren drun, dass virun de Wahlen vun 1999 d'Chamber eng Motioun gestëmmt huet, déi d'Violence domestique uprängt an d'Regierung opfuert, eis Gesetzgebung emzeänneren. Am Mäerz 2001 huet an der Chamber op Initiativ vun der Fraekommissioun och eng Orientierungsdebat iwwer häuslech Gewalt stattfonnt. Motiounen sinn do ugeholl ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi, dee mer hei zur Ofstëmmung virleien hunn, huet als Objectif de Koalitiounsaccord vun 1999 ëmzesetzen, an dréit och de verschiddene Motiounen, déi zu dësem Thema adoptéiert goufen, zum Deel Rechnung. En huet als Zil der Gewalt doheem virzebeugen an den Täter ze responsabiliséieren. Doriwwer eraus soll en zu enger gréisserer gesellschaftlecher Prise de conscience bäidroen. Déi aktuell Situatioun ass nämlech net befriedgend, weder um strofrechtlechen, nach um zivile Plang.

Gewalt doheem ass no eisem Code pénal keen autonomen Delikt, mä e gëtt ënnert dem Titel vun anere Rechtsverletzungen, wéi zum Beispill Coups et blessures, Menaces oder och nach dem Viol bestrooft. Wann och verschidden Dispositiounen vun eisem Code civil oder nouveau code de procédure civile den Affer e gewësse Schutz bidden, esou ginn se dach selten ugewannt. Dës Dispositiounen kënnen och meeschtens nëmme vu bestuete Koppelen an Usproch geholl ginn, esou datt d'Situatioun vun de Concubinen oder soss anere Membre vum Stot nach méi präkär ass.

De virleiende Projet huet véier Schwéierpunkten, déi enk matenee verbonne sinn an e globaalt Konzept bilden.

De Projet gesäit als alleréisch d'Méiglechkeet vir, den Auteur vu Gewalttaten aus der gemeinsamer Wunneng ze verweisen, wann eng gewalttätig Situatioun noweisbar ass, respektiv wann et en Unhaltspunkt gëtt, datt esou eng Situatioun wäert antrieden. D'Wegweisung vun Täter huet als Konsequenz, datt hien net dierf an d'Wunneng zrëckgoen, esoulaang dës Moosnam unhält. D'Minimaldauer vun esou enger Moosnam, déi vun der Police mam Accord vum Procureur d'Etat geholl gi kann, ass zéng Deeg. Si kann awer bis maximal dräi Méint goen, falls déi initial Wegweisung vun de Richtere verlängert gëtt.

D'Minimaldauer vun dëser Moosnam war e ganz striddege Punkt. Den Text vun der Regierung hat eng Minimaldauer vu 14 Deeg virgesinn. De Statsrot war awer der Meinung, esou eng Dauer wier ënner anerem opgrond vun der Finalitéit vun dëser Moosnam, nämlech eng Krisensituatioun schnellstens ze

beendegen, net ubruecht an huet fir eng Dauer vun nëmmen dräi Deeg plädéiert. D'Kommissioun deelt der Regierung hir Opfaassung, dass eng ze kuerz Dauer d'Effikassitéit vun esou enger Moosnam kënn a Fro stellen. Fir awer de Kriticke vum Statsrot zumindest deelweis Rechnung ze droe schléit d'Kommissioun vir, d'Dauer op zéng Deeg ze setzen.

An dësem Kontext muss ee bemerken, datt an Eistreich d'Dauer vu siwen op zéng Deeg eropgesat ginn ass, nodeem de Gesetzgeber erkannt hat, datt en Délai vu siwen Deeg net duer geet fir de Fraen d'Méiglechkeet ze ginn eng Décisioun ze treffen, och wann et ëm hir Sécherheet geet.

De Statsrot hat och virgeschloen, et misst een e Recours virgesinn. D'Kommissioun ass awer net de Wee vum Statsrot gaang. Et gi genuch prozedural Opportunitéite fir spéiderhi géint eng Wegweisungsdecisioun kënnen virzegoen. De Statsrot wollt och de Krees vun deene Leit, déi vun esou enger Moosnam profitéieren, reduzéieren. Just de Conjoint vum Täter oder deem säi Liewenspartner an d'Descendants an d'Ascendants vum Täter sollte vun dëser Moosnam kënnen Gebrauch maachen. D'Kommissioun deelt och op dësem Punkt den Avis vum Statsrot net. D'praktesch Experienz weist nämlech, datt de Krees vun de potenziellen Affere vill méi grouss ass wéi deen, dee vum Statsrot virgeschloeg gëtt. Et ass also net ubruecht dës Krees ze reduzéieren.

E weidere Schwéierpunkt vum virleiende Gesetzesprojet ass d'Tatsaach, datt d'Gewalttate géint verschidden Affer mat héijere Sanktiounen solle bestrooft ginn. Nom neien Artikel 409 vum Code pénal, deen dëse Projet wëllt aféieren, kënnen Gewalttaten doheem mat enger Prisongsstrof vu bis zu fënnf Joer sanktionéiert ginn. Dës Circonstances aggravantes sinn als Barriär geduecht, déi d'Leit dovunner ofhale soll gewalttätig ze ginn.

Wat de perséinlechen Uwendungsbereich vun dëser Dispositioun ugeet, esou muss ee feststellen, datt dës wäit iwwert de streng familiäre Kader erausgeet, wat och fir Kritik beim Statsrot gesuergt huet. Viséiert sinn de Partner, ob d'Leit bestuet sinn oder net, spillt keng Roll, den Expartner, d'Ascendants an d'Descendants vum Affer a vum Täter, a fir verschidde Stroftaten d'Leit, déi duerch eng Krankheit oder duerch den Alter extrem verwundbar sinn an dofir en ideaalt Affer kënnen duerstellen.

D'Aenzele kënnen am Géigendeel zu deem, wat am initiale Regierungstext stung, net vun de Circonstances aggravantes profitéieren. D'Verwundbarkeet vum Affer, esou wéi d'Existenz vun engem Lien de subordination sinn och keng Circonstances aggravantes méi vum Viol. D'Kommissioun wollt domadder op verschiddene Punkten dem Statsrot senge Kriticke Rechnung droen.

Si war awer net gewëllt de perséinlechen Uwendungsbereich esou anzeschränke wéi de Statsrot et proposéiert huet an zum Beispill d'Exconjoints oder d'Expartner erauszehuelen. De Krees vun den Affer resüméiert sech bäi wäitem net eleng op déi Leit, déi nom Statsrot besser geschützt sollte ginn. De virleienden Text hat a senger initialer Versioun och d'Bestrofung vun der Tentative de coups et blessures virgesinn. Opgrond vun deene ville praktesche Schwierigkeiten, déi esou eng Moosnam mat sech bruecht hätt, huet d'Kommissioun dem Statsrot seng Alternativléisung adoptéiert.

Dës Alternativléisung besteet an der Ausdehnung vum Artikel 329 vum Code pénal. Dësen Artikel gesäit d'Incrimination vun de Menaces d'attentat contre les personnes punissables d'une peine criminelle vir. Nom neien Artikel

329 sinn och d'Droungen, op deenen am Prinzip eng Polizeistrof steet, strofbar ginn. Wann d'Kommissioun d'Iddi opginn huet, de Versuch op Gewalt strofbar ze maachen, muss een awer op d'enger Säit bemerken, datt d'Tentative vu kierperleche Verletzungen strofbar ass, esoual dës Infractiounen mat enger Strof krimineller Natur sanktionéiert ginn. Op där anerer Säit definéiert eis Jurisprudenz d'Notioun vun de Coups et blessures relativ ëmfaassend. Dës Notioun viséiert net nëmmen déi kierperlech Verletzungen, mä och déi séilesch.

D'Aféierung vun neie Référésprozeden ass e weidere wichtege Schwéierpunkt vum Projet. D'Wegweisung vum Täter geet net duer fir d'Affer géint all Form vu Gewalt, déi net nëmme physisch ka sinn, ze schützen. D'Expulsioun vun der Wunneng hält den Täter net dovunner of säi Partner zum Beispill um Telefon ze harceléieren. D'Expulsioun, déi eng administrativ Moosnam ass, ass zäitlech begrenzt. Et muss een den Affer aner Méiglechkeeten ubidden sech ze schützen.

De virleiende Projet gesäit d'ofir dräi Zorte vu Schutzmoosname vir.

D'Gericht kann engem Täter, deen aus der Wunneng vun der Police verwise gouf, den Zougank zur Wunneng fir eng Maximaldauer vun dräi Méint verbidden.

D'Gerichter kënnen och d'Expulsioun vun enger gewalttätiger Persoun ordonnéieren.

Schlussendlech sinn nach eng Rei aner Interdictiounen virgesinn, déi virun allem no der Trennung vun der Koppel wäerte spillen, an déi zum Beispill als Zil hunn, dem Täter ze verbidde mam Affer a Kontakt ze trieden oder seng Kanner ausserhalb vu spezialiséierte Strukturen ze gesinn.

D'Reférésprozeden erlaben et den Affer zimlech schnell eng gerichtlich Entscheidung erbäizeféieren.

De virleiende Punkt setzt och op d'Verstärkung vun den Affer-schutzorganisatiounen. No den Autoren vum Gesetzesprojet kann een net wierksam géint d'Gewalt doheem virgoen, wann een dës Verbänn net am Kampf géint d'Gewalt enk abënnt. Et dierf een net vergiessen, datt Affer-schutzorganisationen iwwert eng ganz grouss Experienz verfügen a fir vill Affer eng vun den éischten Ulafstellen duerstellen.

De Projet gesäit vir, datt d'Police, esoual se eng gewalttätig Persoun opgefuerdert huet d'Wunneng ze verloossen, e Service d'assistance aux victimes de violence domestique muss iwwert déi Moosnam informéieren. D'Identitéit an d'Adress vum Affer ginn dësem Service matgedeelt. D'Affer kréien och nom Gesetzesprojet d'Méiglechkeet unerkannt, sech vun dësem Service assistéieren a beroden ze loossen am Kader vun enger Référéprozedur.

De virleienden Text gesäit schlussendlech och nach vir, datt all gréisseren nationale Verband, dee vum Justizministère zougelooss ass, en Droit d'action collectif unerkannt kritt an esou d'Rechter, déi normalerweise der Partie civile gehéieren, ausüben dierf.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat war e kuerzen Iwwerbléck vun den Hauptpunkte vum virleiende Projet.

Ier ech hei ofschléissen, wëllt ech d'Geleeënheet notzen an eng kuerz Bemierkung maache wat déi therapeutesch Prise en charge vun den Täter ugeet. Esou eng Prise en charge ass enorm wichteg wann ee wëllt den Däiwelskrees vun der Gewalt ënnerbriechen. Et geet net

duer den Täter aus der Wunneng ze verweisen. De Problem vun der Gewalt bleift bestoen, wann een dëser Persoun net entgéint kënnt an Hëllef ubitt. Well bei där nächster Fra oder där nächster Frëndin fänkt alles nees vu vir un.

Mir haten am Kader vun der Orientierungsdebat iwwert d'Violence domestique am Mäerz 2001 eng Motioun an der Chamber gestëmmt, wou d'Regierung opgefuerdert gouf esou eng Prise en charge virzegesinn. D'Regierung hat d'lescht Joer am Kontext vun der Fraendebatt gemengt, et misst een ofwaarde bis datt de virleiende Projet gestëmmt wier an a Kraaft géif trieden, fir ze kucke wat een nach kéint maachen an dësem Bereich.

D'Gesetz, huelen ech un, wäert haut gestëmmt ginn. Ech erwaarde mir, datt d'Regierung an deenen nächste Méint zu hirem Wuert steet a sech dem Problem vun den Täter wäert unhuelen. Et dierf een net vergiessen, datt d'Täter vun haut ganz oft d'Affer vu gëschter waren an domat den Zyklus vun der Gewalt ëmmer virugeet. Ech wëll d'Regierung drun erënneren, d'Täter an dësem wichtege Kampf géint d'Gewalt doheem net aus den Aen ze verléieren an hinnen Therapieméiglechkeeten unzebidden, fir hir perséinlech Problemer am Zesummenhank mat Gewaltausbréch kënnen ze léisen. Eng Méiglechkeet wär zum Beispill Selbsthilfegruppen, sou wéi et se am Ausland scho laang gëtt, anzeféieren.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech géif lech bidden de virleiende Gesetzesprojet eestëmmeg unzehuelen.

Ech soen lech merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien.

■ **M. le Président.**- Als éischten Diskussionsrieder ass den Här Marco Schank agedroen. Den Här Schank huet d'Wuert.

Discussion générale

■ **M. Marco Schank (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Ufank wollt ech menger Kolleegin, der Rapportrice Ferny Nicklaus-Faber, merci soe fir hiren excellenteschréftlechen an och mëndleche Rapport.

■ **Une voix.**- Da macht et.

■ **M. Marco Schank (CSV).**- Merci, Madame Nicklaus-Faber.

(Hilarité)

Wëssenschaftlech Schätzunge soen, datt an der EU all véiert Fra mindestens eng Kéier Gewalt duerch hire Partner erfuer huet a bei all véiertem Gewaltverbrechen ass eng Fra d'Affer vun Aggressiounen vun hirem Mann oder hirem Liewenspartner.

D'Gewalt doheem am Stot kann erschreckend Ausmoossen unhuelen a souguer mam Doud vum Partner oder Familljemember enden. Zwee vu fënnf Morde geschéien an Nordamerika tëschent Conjointen. Och bei eis sinn dat an der Zwëschenzäit keng Eenzelfäll méi. Nach hënt, Dir hutt et um Radio héieren, ass ee Mann gewalttätig ginn an huet seng Frëndin mat engem Messer uerg blesséiert.

A wa mer scho bei den Zuele sinn: Et geet aus dem Rapport vun der Fraeministescher fir d'Joer 2000 ervir, datt 63% vun den Admissiounen a 70% vun den Demandé bei der Fondatioun Pro Familia op häuslech Gewalt zrëckzeféieren sinn. Pro Familia hält sech virun allem den Affer vun der Violence domestique un.

72% vun de Fraen a jonke Meedercher, déi am Foyer «Sichem» 2002 opgeholl goufen, si wéinst der Gewalt, där si doheem ausgesat waren, dohinner komm. An egal wou ee kuckt, ob ee méi genee am Internet kuckt, ob een d'Zuele kuckt, déi sinn alarméierend an d'Ten-

denz ass an dësem Kontext steigend.

Et brauch ee sech just d'Zuelen unzekucken, déi an deene verschiddene Rapporte vun der Fraeministescher - ech hunn et gesot - sinn, fir sech bewosst ze ginn, datt d'Problematik an deene leschte Joren deelweis dramatesch zougehall huet.

22 Frae goufe wéinst Gewalt an der Famill vun der Fondatioun Pro Familia am Joer 2000 opgeholl. Zwee Joer méi spéit sinn et der schonn 33. An de Conseil national des femmes, deen ënner anerem de Foyer Sud ënnerstëtzt, huet d'lescht Joer 37 Admissiounen verzechent opgrond ebe vu Gewaltproblemer an der Famill. Am Joer 2000 waren et «nëmmen» - wann een dat dierf esou soen - 26 Fraen.

Wann d'Fondatioun Foyer Paula Bové eng nei Opfangstruktur am Norden opmécht, dann ass dat och een Zeechen, datt de Problem nach soubal net wäert geléist sinn.

An et trëfft net nëmmen d'Fraen. D'Kanner sinn net nëmme matbe-traff vun der Gewalt an de Familljen, mä d'Observéiere vu Gewalt géint d'Affer féiert zu där nämlecher Traumatiséierung wéi direkt Mësshandlungen.

Allzedacks gëtt fir Gewaltdoten, déi hannert der Wunnengsdier geschéien, keng Plainte gemaach a si gi vun der Offentlechkeet net oder nëmmen zum Deel zur Kenntnis geholl.

D'Tatsaach, datt d'Violenzen trotzdeem lues a lues de Wee bis an d'Offentlechkeet fannen, an datt och juristesche Instrumenter d'Violences domestiques uprängen, erkläre sécherlech zum Deel dës erschreckend Zuelen an Demanden och un zousätzlech Servicer an Opfangstrukturen.

An och wann et ëmmer nach immens schwéier ass sech als Affer ze äusseren an och Hëllef ze froen, huet sech awer d'Situatioun vun de Victimë wäitgehendst an deene leschten 30 Joer geännert.

Här President, et si vill Strukture geschafen a Servicer opgemaach ginn, déi versichen d'Affer ze beroden, ze hëllefen an si och an hiren Démarchen ze ënnerstëtzen.

Et ass méi einfach säi Mann oder säi Partner ze verloossen, wann ee weess datt ee sech op Strukture ka baséieren déi et dobausse gëtt a wou ee sech och op engagéiert Mënsche ka verloossen, fir deem Däiwelskrees do ze entkommen. An ech profitéiere vun dëser Geleeënheet all deenen engagéierte Leit e grouss Merci ze soe fir déi excellent an oft schwéier Aarbecht, déi se am Kader vun all deene Servicer an Opfangstrukture leeschten.

Mä mat der Arichtung vu Strukturen, déi am Déngscht vun den Affer sinn, kann et net gedoe sinn, well de Problem vun der Gewalt jo bestoe bleift. A wa mer net virun der Gewalt doheem kapituléieren wëllen, brauche mer souwuel preventiv wéi awer och aktiv Moosnamen. Moosnamen, déi den Täter zum Iwwerleeë bréngen an och responsabiliséieren sollen.

Fir et nach eng Kéier ganz kloer ze soen: Drohungen a Gewalt doheem am Stot si keng Kavaléiersdelikter. Gewalt géint eng Fra a géint ee Kand ass esou zimlech dee feigsten Akt dies ee Mann sech ka schëlleg maachen. Vun deem Projet, dee mer haut hei debattéieren, geet ee ganz daitlecht Signal aus well e ganz kloer seet, datt d'Gewalt doheem ee Verbrechen ass, an nach dobäi ee ganz ellent Verbrechen. Ee Verbrechen, wat mat bis zu fënnf Joer Strof sanktionéiert ka ginn an esouguer méi, deemno wéi schlëmm dës Gewalt oder d'Konsequenze sinn, déi sech doraus erginn.

An dann: Deen dee schléit muss goen. D'Erausweisen aus der Wunneng duerch d'Police ass elo méi-

glech, ënnert deene Konditiounen wéi de Projet de loi se virgesäit an op d'Autorisation vum Procureur d'Etat. An d'Police brauch net méi wéi virdrun dem Affer ze roden, selwer vun doheem fort ze goen. Dobäi kënnt déi sozial Isoléierung vum Täter, deen net nëmme keen Zougank zum Haus méi huet an deem Fall, mä och kee Kontakt dierf mam Affer ophuelen, respektiv senge Kanner. Deemno wéi därer e seng Kanner just am Kader vu spezialiséierte Strukture gesinn. An anere Wieder: D'Gewalt doheem kritt op eemol och öffentleche Charakter.

Dëst alles dierft op eng Partie vun de Männer ofschreckend wierken, an dorëm geet et. D'Ächtung vun der Gesellschaft an déi haart Sanktiounen sinn Argumenter fir den Täter, sai Behuelen ze iwwerdenken an ënner Emstänn och ze änneren.

Mä mir sollen eis keng Illusiounen maachen. Bei notoresch gewalttätege Männer hëlleft och keng Wegweisungsmaassnam, oder éischter weineg. An déi héich Sanktiounen wäerten och hei kaum dat gewënschtent Resultat mat sech bréngen. Déi Leit si ganz einfach krank an et bleift d'Noutwendegkeet, datt se geholfel musse kréien.

De Kampf géint d'häuslech Gewalt kann ee just gewannen, wann ee sech iwwert d'Problemer vun de gewalttätege Männer bewosst ass. Déi därferen net vergiess ginn, well soss bréngen all déi Moosnamen déi mer ergräifen, also déi Gesetzer, och dat wat mer haut stëmmen, all déi Sensibiliséierungscampagnen, déi mer finanzéieren, am Endeffekt näischt.

De Problem wäert weider bestoen a sech och weider multiplizéieren, well, an dat huet meng Fraktiounskolleegin virdu richtig gesot, d'Affer vun haut si méiglecherweis d'Täter vu mar, déi den Zyklus vun der Gewalt wäerte virun droen.

Wann een dem Papp net hëlleft, riskéiert een, datt de Jong a sengem spéidere Liewen datselwecht onmenschlecht Behuele wéi sai Papp wäert un den Dag leeën an da fänke mer erëm vu vir un. Sou mécht dat kee Sënn.

Här President, dat virleidend Gesetz huet och eng Rei vu Schwächten. D'Fortweise vum Täter aus der Wunneng dauert am Normalfall dräi Méint, wa bis dohinner keng Scheedungsklo agereecht ginn ass, also keng Ordonnance vum Riichter virläit iwwert d'Mesures provisoires. Ech mengen, dat dräi Méint ënner Emstänn net duerginn. Fir vill Fraen, notamment déi méi eeler, déi net berufstäteg sinn oder Migrantinnen, ass et dacks net méiglech an esou enger kuerzer Zäitspan d'Scheidung anzereechen.

Ech hat schonn op dese Problem opmierksam gemaach an dat am Kader vun der Orientéierungsdebatt iwwert d'Violence domestique. Deemools hunn ech dat éisträichesch Gesetz, wat jo dese Projet inspiréiert huet, analyséiert gehat. Och wann ech mam Prinzip vu méi héije Sanktiounen am Kader vu Violence domestique méi wéi averstane sinn, muss een awer feststellen, datt dese Projet riskéiert mat sengen héije Sanktiounen déi gewéinlech Gewalt ze banaliséieren. Gewalt op der Strooss ass och inakzeptabel. Ech denken, et misst een hei d'Texter vum Code pénal och iwwerschaffen. Am Klor-text: d'Sanktiounen am Kader vun der gewéinlecher Gewalt sollten och eropgesat ginn.

Dat éisträichesch Gesetz a seng Erfolleger waren a sinn nach Deel ëmstridden. Et ass net ausgeschloss, datt och dee lëtzebuergeschen Text en ähnlecht Schicksal erwaart, wann ech kucke wat alles gesot an och geschriwwen ginn ass iwwert dese Projet. Emännerungen a Verbesserungene sinn net ausgeschloss an ëmmerhin ass dat Ganz jo och Neiland. Ech sinn awer ganz fest iwwerzeegt, datt mat dësem Projet de loi déi richteg

Akzenter gesat ginn an de richteg Wee ageschloe gëtt. Ech mengen och, datt ee sech op eis Police, eise Parquet an och eis Riichtere ka verloossen, fir datt dese Projet sënnvoll a senge potentielle Méiglechkeeten och ugewannt gëtt.

Här President, zum Schluss wollt ech soen, datt meng Fraktioun dese Projet als eppes Wichteges ugesäit an datt meng Fraktioun en och selbstverständlech stëmme wäert.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Madame Lydie Err agedroen. D'Madame Err huet d'Wuert.

Mme Lydie Err (LSAP).- Gewalt doheem, Dir Dammen an Dir Hären, ass fir Fraen déi éischt Doudersaach viru Kriibs a virun Autosaccidenter, an ongeféier 70% vun alle Scheedunge ginn zrëck op haislech Gewalt. Wann een dat gesot huet, brauch een am Fong net méi ze beweisen, wéi wichteg dee Phenomeen an eiser Gesellschaft ass a wann een nach dobäi seet, dass fir eng Fra vu 15 bis 44 déi éischt Ursaach vun Invaliditéit a vun Doud haislech Gewalt ass, da mengen ech, ass et kloer vu wat mer schwätzen. Obschonns dat net ëmmer esou war, well et ass ee Sujet, dee mat ganz anere weinege Sujeten haut och nach tabuiséiert ass. Et ass just eppes Guddes bei deem Phenomeen, wann een esou ka soen, en ass gläichméisseg op der Welt verdeelt.

Et kënnt ee soen, dass et deen Drama op der Welt ass, deen am beschte verdeelt ass, sief dat tëschent entwéckelte Länner a Länner, déi amgaange si sech ze entwéckelen, ouni Ennerscheeder tëschent Statut social, tëschent Education, wat den Alter ubelaangt oder wat d'Relioun ubelaangt, iwwerall op der Welt, indëpendamment vun all deenen Elementer, déi ech elo genannt hunn, ass dee Phenomeen terribel verbreet an esou gesinn ass also emol eppes gerecht verdeelt op der Welt.

D'Gewalt doheem ass eng Gamme vu verschiddene Manéiere fir sech ze behuelen, déi eng Persoun vis-à-vis vun enger anerer exerzéiert, fir dass déi mécht wat deen anere gären hätt dass se soll maachen an esou gesinn ass et ganz kloer, dass Gewalt doheem eppes mat Pouvoir ze dinn huet, net nëmme eppes mat Gewalt, well et muss een hannert der Gewalt och déi Ursaach sichen, déi derhannert stécht. Et ass dofir och kloer, dass Gewalt doheem net e Phenomeen ass, deen eemol passéiert, mä et ass e Prozess, dee sech während Joren hinzitt an doduerch et bis dato onméiglech gemaach huet de Phenomeen iergendwéi an de Grëff ze kréien.

Et ass natierlech och schwéier zu Lëtzebuerg ze probéieren eppes an de Grëff ze kréien iwwert dat ee keng Statistiken huet an ech mengen, dass dat ee vun deenen Aspekter ass, déi mer musse verbessern, well et kann een net nëmme eppes analyséiere wat ee kennt, also wat e relevéiert huet, wat ee recherchéiert huet, wat ee studéiert huet a vun deem ee weess herno, dass d'Theorie, déi eventuell Wëssenschaftler festgestallt hunn, an der Praxis och eppes bréngt.

An der Schwäiz si se, wat hir Statistiken ubelaangt, vill méi wäit an ech ginn lech dofir e puer Zuelen aus der Schwäiz, well vergläichbar dat sécherlech net esou wäit ewech ass vun den Tatsaachen zu Lëtzebuerg.

Sechs Frae stierwe weinst Gewalt doheem pro Joer. 50% - an dat ass en Element, wat mer wierklech wichteg erschénkt - vun allen Depressiounen, déi Fraen hunn, kommen hier vun den Ursaache vun der Gewalt doheem, grad esou wéi Alkoholismus bei Fraen, Drogen

nofhängegkeet. Ofhängegkeet vu Medikamenter an esou weider. D'Suizidquot ass fënnemol esou héich bei Fraen, déi doheem Gewalt erlieft hu wéi bei normale Suizidgefährdeten. Och dat beweist d'Gravitéit vum Phenomeen iwwert dee mer schwätzen.

De Coût vun der Violence domestique ass och en Element, wat nach net vill ugeschwat ginn ass, wat et awer géng verdéngen ugeschwat ze ginn. An zwar ass och an der Schwäiz nogerechent gi wat dat soll kaschten, an 1999 huet d'Schwäiz ausgerechent: De Coût fir de Statsbudget an der Schwäiz vun der Violence domestique waren ëmgerechent 10 Milliarde Flux. Ech kann dat elo net an Euro ëmrechnen. Dat hunn ech verpasst. Dobäi ass natierlech net agerechent dee Coût, deen d'Leit doheem erliewen, dee mënschleche Misär, deen d'Violence domestique mat sech bréngt an déi sozial Strukturen, déi mussen ausgebaut ginn an déi och natierlech esou einfach an hirem Fonctionnement net sinn.

D'Prevention vum deem Phenomeen ass natierlech deier, mä manner deier wéi d'Reparation vum deem an ech mengen, dass déi Chifferen aus der Schwäiz dat u sech hu fir dat kënnen ze beweisen.

Vill Frae realiséieren net, dass si an enger Gewaltbeziéung liewen, wann et net doheem Schléi gëtt, déi Tracen hannerloossen an déi evidentierweis als dat kënnen identifizéiert gi wat se sinn. Mä et gëtt aner Zorte vu Violence am Stot, wéi zum Beispill enger Fra, déi net schafft, kee Su ginn ouni Ufro, keng Sortien erlaben, sief dat eleng mat Frëndinnen oder mat der Famill. Schikane gratis, wéi zum Beispill ganz genau lessenszäiteprogrammer an esou weider an aner Komportementer, déi am Fong e permanenten Drock oder en Terror doheem régnéiere loossen, deen et mat sech bréngt, dass d'Kanner an hir Zëmmere verschwannen esou bal wéi de Mann heem kënnt, deen net nëmme ganz oft vis-à-vis vu senger Fra esou e Verhalen huet, mä och vis-à-vis vun de Kanner. Och do geet et ëm d'Kontroll, Macht, fir dass alles geet wéi et goe soll oder dass et soll bleiwe wéi et soll sinn. Dat heescht also, dass d'Machtuspréich vun engem vun de Partner sollen erfüllt ginn.

D'Forme vun der Gewalt doheem si verschiddearten. Déi kënnen kierlecher Natur sinn, psychescher Natur sinn, an ee vun den Avantagé vun eise Gesetz ass eben deen, dass och déi psychesch Violence an den Texter mat dran ass. Och sexuell Violence ass mat dran an ekonomesch Violence, esou dass all Aspekter duerch eist Gesetz ofgedeckt ginn. Wat natierlech net méiglech war, dat war déi strukturell Gewalt an der Gesellschaft, déi géint d'Frae besteet, mat anzubegräifen, well dat eben en Deel vun der Ambiance ass, géint déi een net mat Gesetzer, mä nëmme mat Mentalitéitswiessel kënnt ugoen.

Wat och ëmmer d'Form vun der haislecher Gewalt ass, ass et kloer, dass all Zort vu Gewalt eng Violation ass vum Mënscherecht vun deemjéinegen, deen d'Gewalt erleit an dass et eng Entrave ass iwwert d'Egalitéit tëschent de Bierger a Biergerinnen an eng Entrave, déi als infranchissabel qualifizéiert gëtt.

Et gëtt och gesot, an et ass richtig wann een d'Elementer kuckt, dass ee Gewalt doheem ka rapprochéiere mat enger Tortur, well déi Aggressiounen vu psychescher a psychescher Natur, déi meeschtens d'Fra erleit, déi bréngen Humiliatiounen um Kierper an un der Seil mat sech an déi Aktiounen, déi si bei der Violence domestique wéi bei der Tortur an der Zäit un-

dauernd. Dat Eenzezt wat déi zwee vuneneen ënnerscheet, dat ass, dass am Fong déi Tatsaach nach méi grave ass bei der Gewalt doheem, dass d'Opfer eng perséinlech Relatioun huet mat deemjéinegen, dee si permanent ënner Drock setzt.

Et gëtt näischt esou wéi e Robot schématique vun engem Gewalttäter. Et gëtt och kee Robot vun enger Victime. Kloer ass, dass et e Phenomeen ass wat et op alle Plazen, an alle Gesellschaften, an alle Milieue gëtt an et ass och Tatsaach, dass et d'Fraen, déi finanziell onofhängeg sinn, net dovirschützt, fir kënnen Affer vu Gewalt doheem ze ginn. Et ass nämlech guer net esou einfach fir d'Fraen, esou eng Gewaltbeziéung zu Enn ze bréngen, well paradoxalerweis ass déi Relatioun mam Täter ëmmer nach vu Gefiller geprägt an d'Pressioun fir fortzegoen, déi gëtt renforcéiert duerch d'Angscht ëm d'Kanner, duerch eng eventuell Absence vun eegene Mëttelen, awer virun allem duerch déi Tatsaach, datt et no enger Séparatioun weinst Gewalt doheem normalerweis net besser geet.

Am Franséische gëtt et déi Formule déi seet: «Fuire est plus dange-reux que subir». Et ass och kloer, an d'Statistike beweisen dat, datt 50% vun den Assassinator vu Fraen net passéiere während der Dauer vun dem Zesummeliewen, mä no der Trennung, sou datt déi Angscht vun de Fraen, fir fortzegoen a sech fräizemaache vun enger Gewaltbeziéung, eng ganz berechtigt ass. D'Statistike beweisen dat.

Et wier dann natierlech och interessant ze kucken, wou déi Ursaache vun där Gewalt do hierkommen, well et kann net sinn, datt ëmmer nëmme gesot gëtt, datt déi Männer géife klappen, bei deenen doheem och geklappt ginn ass, well iergendwann eng Kéier huet et jo misen ugoen domadder, an dofir mengen ech, datt et interessant ass op de Soziolog Pierre Bourdieu zrëckzegräifen, dee probéiert huet a „La domination masculine“ ze erklären, wou déi Gewalt géint Fraen a Kanner, dat heescht géint déi schwächste Glidder an der Gesellschaft, hierkënnt. Ech lisen elo vir, well wann ech probéieren dat ze iwwersetzen, da gëtt dat net ganz vill.

«Le sociologue Pierre Bourdieu explique que les femmes subissent un travail de socialisation qui va façonner leur place dans la société, c'est-à-dire une place de dominée, les hommes subissent aussi des pressions de la part de leur père, pressions dont ils sont quelque part victimes pour exercer une position dominante. Ainsi» - an dat ass, mengen ech, de Punkt - «le recours à la violence est la conséquence des rapports de domination entre hommes et femmes, mais l'homme dans sa position dominante doit sans cesse prouver qu'il mérite cette position et doit donc affirmer sa virilité. Cette virilité doit être validée par les autres hommes et se manifeste généralement par des actes de violence ou de véritables épreuves de virilité. Cette forte image de la virilité diffusée par la société engendre et légitime cette violence dirigée contre les femmes.

De plus la plupart des études ont montré que la position des femmes et les rapports de violence qui leur sont infligés relèvent des agents et institutions qui ont maintenu, validé, voire créé un tel système. La famille, l'église et l'école ont entre-tenu des rapports de domination et de violence». An da si mer erëm bei enger Form vu Violence structurelle, déi am Fong an eiser Gesellschaft existéiert an där soll probéiert gi mat dësem Gesetz bäizekommen.

Wéi grouss de Phenomeen vun der Gewalt doheem ass, léisst sech vläicht mat Zuele beleeden, a verschidde Kolleegen déi viru mir geschwat hunn, hunn der e puer

gesot. Ech wëll lech eng aner soen. D'Statistike beweisen, datt a Russland beispillsweis pro Joer 13.000 Fraen ëmkommen duerch Gewalt doheem, a just als Vergläich ass d'Ziffer ugefouert vu 14.000 russesche Krieger, déi am zéngjährege Krich an Afghanistan gefall sinn. Iwwert déi am Afghanistan waren natierlech all Dag d'Zeitung voll. Vun deenen 13.000 Fraen, déi all Joer a Russland stierwen, denken ech net, datt esou vill Ophiewes gemaach gëtt, wéi dat fir déi aner bei eis an den Zeitungen de Fall ass.

D'Problematik ass därmoosse schwéier, well se an der Zäit undauert, well se tabuiséiert ginn ass, well se geprägt ass duerch eng ekonomesch Ofhängegkeet an och duerch eng Angscht fir sech ze trenne vun där Gewaltbeziéung, well och den Drock vun der Gesellschaft, vun der Famill do ass, well d'Angscht do ass, datt d'Kanner drënner ze leiden hätten, wa se ouni Papp géifen opwuessen. Et ass och esou, datt gefaart gëtt, datt d'Garde vun de Kanner kënnt verluer goen duerch e Mann, dee menaçant ass an deen heiansdo viru kenge Mëttelen zrëckschreckt fir och viru Geriicht nach e gutt Bild ofzeginn.

Wat natierlech bis elo nach net ugeklungen ass, datt ass wat fir een Effet déi häuslech Gewalt op d'Kanner an op d'Famill en général huet. Et brauch een net wäit sichen ze goen, fir ze soen, datt Kanner, déi an enger Gewaltatmosphär an der Famill opwuessen, natierlech méi sensibel si fir Subterfugen ze siche vun där schwieriger Atmosphär ewech an Alkohol an Toxicomanie, datt se Schwiereregkeeten hu sech ze konzentréieren, domadder Schwiereregkeeten hu sech ze sozialiséieren an en uerdentleche Beruff ze léieren, an duerch déi Unheefung vu Frust am Fong riskéieren deen eenzege Modell, dee se vun doheem kennen, ze reproduzéieren.

Esou datt iwwert de Coût fir d'Gesellschaft vun der Gewalt doheem eraus dee mënschlechen Impakt terribel ass, an zwar net nëmme fir déi direkt Opfer, mä fir d'Zeie vun den Opfer, déi Gewalt doheem erliewen, während et doheem jo eigentlech sollt déi Plaz sinn, wou ee sech erhëlt, wou ee sech gebuerge spiert a wou een näischt ze faerte brauch.

Firwat ass dee Phenomeen vun der Gewalt doheem esou laang occultéiert ginn, wou aner Zorte vu Gewalt schonn zënter Joren öffentlech gemaach gi sinn? Aus zwou Ursaache sécherlech, an zwar datt zu Recht behaupt ginn ass, datt d'Gewalt doheem sech natierlech an enger Privatsphär ofspillt an datt d'Privatlieden an de Besëtzer vu Privatpropriétéit duerch d'Verfassung geschützt sinn. Dat huet mat sech bruecht, datt jorzéngtelaang behaupt ginn ass, d'Gewalt doheem géif d'Gesellschaft näischt ugoen, well et sech am Privatlieden ofspillt an zwar an engem verfassungsméisseg geschützten Kader, an deen d'Öffentlechkeet kee Recht hätt eranzekucken.

Dat war natierlech nëmme esou ze argumentéiere weinst där Inégalitéit, déi an eiser Gesellschaft ass an, Gott sei Dank, ass och dëst Gesetz op deem Punkt e Mëttel fir géint déi Konzeption erunzegoen. Et ass evident, datt wann ee Gesetz wéi dat heite gestëmmt gëtt, datt dat heescht, datt häuslech Gewalt net e Privatphenomeen ass, mä eng öffentlech Affär ass, datt d'Politik responsabel ass fir drun erunzegoen, an datt muss evaluéiert ginn, ob déi Versprechen, déi et um Pabeier bréngt, an der Praxis kënnen gehale ginn.

Wat kann ee maachen ausser engem Gesetz, an dorobber kommen ech herno ganz kuerz zrëck, well meng Virriedner dat schonn ugeschwat hunn. Ech mengen, datt et wichteg ass, datt och zu Lëtzebuerg, wat jo awer eng Compositioun vu senger Bevölkerung huet,

déi ganz speziell ass, misste Statistiken an Etüde gemaach ginn, a sief et nëmme fir ze kucken, ob déi Etüden an Expertisen aus dem Ausland och op Lëtzebuerg Uwendung kënnen fannen, fir ze wësse wéi wäit de Phänomene iwwerhaapt sech ausgebreet huet, a fir doraus kënnen ze schlësse wéi een am beschte kann dergéint ugoen, fir déi Opfer ze schützen an déi Täter ze strofen op eng Aart a Weis, datt den Dauerterror, den dann doheem stattfënn, kann ënnerbrach ginn.

D'Gesetz, ëm dat et hei geet, huet vill technesch Aspekter, déi vun der Rapporterin ugeklonge sinn an ech mengen, datt et lästeg wier, fir nach eng Kéier drop zrëckzekommen. Ech wëllt vläicht just e puer Punkten nach eng Kéier opziele fir ze weisen oder ze soen, wat ech als Prioritéiten an deem Gesetz fannen.

Dat ass éischtens emol déi Expulsion préventive duerch d'Police esoubaal een Indice do ass, datt eng Infraktioun an engem Privathaus passéiert géint déi kierperlech Onversehrtheet vun engem vun deenen déi do liewen, datt do-derch net méi brauch eng Décisioun vum Geriicht virzeleien, mä just en Accord vum Procureur d'Etat an datt et duergeet, datt e Protokoll dresséiert gëtt, den och d'Victime an de Grapp kritt, fir datt se, fir déi Démarchen déi sech duerno erginn, kann noweisen a wat fir enger Situatioun se sech befënn.

Wichtig ass, datt am Gesetz expressis verbis steet, datt dat och ka passéiere wann den Täter vun der Gewalt behaupt, hie kënnt net expulsiéiert ginn, well dat Haus an deem dat passéiert ass, him selwer géif gehéieren, oder hien hätt en Droit d'habitation, well dat Haus wier e Bien personnel oder wat och ëmmer. Déi Tatsaach datt dat am Gesetz steet, mengen ech, ass onschätzbar an der Praxis. Et ass ebe just duerch Argumenter vun där doter Zort, wou bei avéréierter Gewalt géint d'Fra de Mann net erausgesat ginn ass, mä d'Fra an e Foyer bruecht ginn ass, fir se der Gewalt ze entzéien, well ebe ganz oft déi Propriétéitsfroen an d'Feld bruecht gi sinn, déi mat sech bruecht hunn, datt am Fong den Täter fälschlecherweis an der Illusioun gelooss ginn ass, et wier alles an der Rei, well hie wier jo net den, den hätt missen d'Blat botzen.

Interessant ass och, zweetens, datt den Délai vun deenen zéng Deeg ouni Prozedur bäibehale konnt ginn, an datt och bei der Expulsioun eng Interdictioun fir heem ze goen dru gekoppelt ass, wann net een Accord op där anerer Säit do steet. Dat alles si Saachen, déi an der Praxis onschätzbar sinn, well genau dat sinn déi Detailler, un deenen e Gesetz hätt kënnen scheitern, wann deen een oder anere wichtige Punkt vergiess gi wier. Et ass och esou, dass eng Expulsioun ka forcéiert ginn, wann den Täter net wëllt, an dass déi Prozedur, déi ee muss aschloen, fir dass déi zéng Deeg, wéi soll ee soen, Terrorfräiheet doheem kënnen verlängert ginn, vill méi einfach ass wéi dat an normale Prozeduren de Fall ass. Et ass net wéi an enger Procédure de divorce, wou muss duerch en Affekt eng Prozedur agereecht ginn, déi duerch Dierwiechter zougestallt gëtt. Hei geet et duer mat engem Bréif, den déposéiert gëtt, ouni Affekt ass dat also och méiglech, beim Tribunal, fir eben eng Verlängerung vun där Schutzzäit do ze froen, esou dass och do all wichtig Detailler respektéiert gi sinn.

Drëttens ass et och interessant fir ze gesinn, dass dat net nëmme spillt, wann d'Opfer de Conjoint oder de Concubin vun deemjéinegen ass, dee Gewalt ausgeübt huet, mä och wann et Descendanten oder Ascendanté si vun deemjéinegen, den d'Gewalt erlidden huet. Wann et awer Descendanté si vun deemjéinegen, den d'Gewalt

gemaach huet, kënnen nëmme den déi eng Protectioun speziell vun deem Gesetz kréien, wann d'Descendanté mineur oder handicapéiert sinn. Och do sinn also déi fragilste Mitglieder aus der Famill iwwert dat Normaalt eraus geschützt. Och dat ass e positiven Aspekt.

E véierte Punkt, kënnt ee soen, ass d'Tatsaach, dass am Code pénal Circonstances aggravantes ageschriwwen gi fir all déi Infractiounen, déi eng Atteinte op d'Intégrité physique mat sech bréngen, dann, wann tëschent dem Opfer an dem Täter eng Relation personelle besteet. Dat ass de Fall beispillsweis bei Conjointen oder Concubinen.

E fënnefte Punkt, den et verdéngt ënnerstrach ze ginn, ass den, dass wann deemjéinegen, den erausgesat ginn ass, sech net un déi Décisioun hält, dann ass et méiglech, dass erëm eng Plainte gemaach gëtt, an dass eng Infractioun mat enger Peine ausgeschwat ka ginn, déi relativ héich ass an déi am Fong dann en ofschreckend Beispill ass an d'Leit warscheinlech wäert dozou bréngen dëst ze ënnerloossen.

E sechste Punkt, dee sécherlech och derwäert ass ënnerstrach ze ginn, ass den, dass d'Médiation pénale am Fall vun haislecher Gewalt net autoriséiert ass, an ob-schonn de Statsrot net där Meinung war, ass d'Kommissioun bei deem Punkt bliwwen. Ech denken och, dass et wichtig ass, dass dat esou ass, aus där Ursach, well dat Gesetz iwwert d'Médiation pénale, wat mir zu Lëtzebuerg hunn, net e Complément zu enger normaler Poursuite méiglech mécht, mä am Fong nëmme eleng eng Alternativ ass zu engem Classement vun de Poursuiten.

Wann also d'Médiation pénale am Fall vun haislecher Gewalt géing spillen, da kënnt dat mat sech bréngen, dass wann eng Médiation géif ugefaange ginn, da keng Poursuite méi um Geriicht géif kommen, dass d'Méiglechkeet da gi wier iwwert d'Médiation esou en Drock op d'Opfer ze maachen, dass dat aus där Gewaltbeziehung vu virduen eraus logescherweis kënnt drop erauskommen, dass keng Poursuitë géife kommen an deene Fäll, wou se trotzdem ubruecht wieren a wou se absolut indispensabel si fir d'Opfer ze schützen.

En aneren a leschte Punkt, den ech hei wollt uschwätzen, ass dee vun der Méiglechkeet ausserhalb vun enger Procédure de divorce, dat heescht beim Zesummeliewen tëschent Leit, déi net matenee bestuet sinn, an där Situatioun wou d'Cohabitation onméiglech gëtt duerch de Comportement vun engem vun deenen, déi zesummeliewen, dass ugefrot ka ginn, dass ee provisoresh fir eng Zäit vu maximal dräi Méint kann aus dem Haus erausgewise ginn, fir eben esou Rou ze schafen, fir dass d'Opfer vun deem Drock, dee virduen doheem geherrscht huet, kann an aller Sérénitéit déi Décisioun huelen, déi seng Zukunft ubelaangt.

De Statsrot huet an deem Dossier, wéi et och net anescht erswaart ginn ass, jiddfalls vun deene Leit, déi wësse wéi schwierig déi Matière hei ass, sech retizent gewisen. Et war awer trotzdem méiglech op ville Punkten zu enger Solutioun ze kommen, déi deelweis jiddfalls dem Statsrot Satisfaktioun ginn huet an deelweis de Préventionne vun der Kommissioun gerecht ginn ass.

Ech wëll dofir just op zwou Saachen zrëckkommen, wou mer gemengt hu Konzessiounen missen ze maachen, fir dass de Projet méiglechst schnell sollt duerchkommen. Fir d'éischt emol de Fichier pénal spécifique, den am Gesetzesprojet dra stoung an den et erlaabt hätt, net nëmme Condamnatiounen oder juristesche Tatsaachen anzuedoen, mä och beispillsweis Plainten, Visité vun der Police op Pla-

zen, wou iergendeppes passéiert ass. Am Fong e Gewaltprofil ze erstellen vun engem Mënsch, den de Casier judiciaire natierlech net hier ka ginn, well do nëmme Saachen dra stoe kommen, déi definitiv Condamnatiounen betreffen.

Deen zweete Punkt, den ech bedauern, méi nach wéi den eischten, ass den, dass de Statsrot net d'accord war fir eng Suspension provisoire vum Droit de visite bei mannerjährege Kanner ze ginn an deem Fall, wou e Gewalttäter expulsiéiert ginn ass. Et muss een erlieft hu wéi Fraen, déi jorelaang geschloe gi sinn, sech spieren, wann de Weekend kënnt a wa se hir Kanner bei dee Mann sollen oder mussen schécken, dee si selwer jorelaang virdu schikanéiert huet a vun deem si net ka wëssen, ob aus Frust, well am Fong elo déi Lieblingsvictime vläicht net méi dorëmmer ass, d'Kanner elo sollen respektiv mussen hierhalen oder net.

Et ass richtig, an de Kompromëss huet doranner bestanen, dass och déi Méiglechkeet, déi am Originaltext dra stung, soll deelweis bäibehale ginn, an zwar iwwert de Wee, dass Riichter d'Méiglechkeet solle kréien, den Droit de visite, bis eng Décisioun iwwert d'Séparation oder den Divorce geholl gëtt, ze suspendéieren oder awer nëmme en Droit de visite ze accordéieren, dee sech an enger spezieller Struktur soll kënnen ofspillen.

Dat kléngt um Pabeier natierlech net schlecht als Kompromëss, mä wien awer weess wéi retizent d'Riichter sinn, fir deem Elterendeel, den d'Garde vum Kand net huet, säi Besuchsrecht ewechzehuelen, dee weess, dass dat doten um Pabeier vill besser ausgesäit wéi dat an der Praxis wäert de Fall sinn.

Et sief dann, an dat ass meng Hoffnung, déi mat deem Projet verbonnen ass, dass mer et fäerdeg bréngen - en Deelaspekt, den am Projekt menger Meinung no net genuch zum Droe komm ass, an zwar dee vun der Formation a vun der Sensibilisation vun allen Acteuren, déi mat haislecher Gewalt zesummekommen -, dass mar déi Leit, déi haut net agesinn, dass dat fir d'Leit eng Saach vun der Onméiglechkeet ass, fir a Rou hir Kanner engem ze ginn, dee si selwer virdu geschloen huet, Versteesdemech dofir kréien, an dass dat vläicht dann duerch d'Jurisprudenz kënnt eng courant Praxis ginn, wéi se eigentlech am Originaltext agedroe war.

Fir den drëtte Punkt ganz kuerz ze sträifen, de Statsrot huet och gemengt hie misst de Cercle vun deene Leit, déi sollen duerch dëst Gesetz geschützt ginn, méi kleng maachen. Mir hunn do eist Besch gemacht fir op e gemeinsamen Nenner ze kommen a fir laanscht eng Opposition formelle ze kommen. Dat ass eis gelongen, esou dass et vläicht grad esou gutt ass mir kommen net méi dorop zrëck.

En allerleschte Punkt, wat de Statsrot ubelaangt, ass, dass am Fong déi Incrimination vun enger Tentative de coups et blessures volontaires, déi am Text war, erausgeholl ginn ass an ersat ginn ass duerch eng aner Infractioun. Domadder kann ee liewen. An der Praxis wäert et grad esou schwéier bliwen dat hei ze beweisen, wéi dat wat am Regierungstext stung. Et ass just erstaunlech, dass mer d'lescht Woch op darselwechter Plaz wéi haut et hei fäerdeg bruecht hunn am Kader vum Terrorismus iwwert d'Tentative eraus, Préparatoires an Indicé mat Strofen ze behänken, vun deenen een an deem Kontext eigentlech nëmme kënnt dreemen, mä Exceptiounen fir d'Sécherheet vun de Fraen ze maachen ass sécherlech net

deiselwecht Saach wéi Exceptiounen ze maache fir d'Sécherheet oder déi vermeintlech Sécherheet vun eiser Gesellschaft géint Terrorismus.

Sechs Prinzipie leien deem Gesetzesprojet zu Grond, an déi sinn essentiel. Dat ass éischtens, dass déi haislech Gewalt erauskënnt aus dem Privatberäich an eng öffentliche politesch Affär gëtt. Dann dass et eng Unerkennung ass vum Recht op Sécherheet fir jiddereen, dass Sécherheet e Mënscherecht ass, dass Opferschutz contrairement zu deem, wat haut nach de Fall ass, Virrang huet virun dem Ordre public, dass öffentliche Achtung vun der Gewalt, och vun der Gewalt doheem, Gesetz gëtt. Et ass dofir wichtig, dass d'Police als - wéi soll ech soen? - Incorporation vun der Autoritéit an eiser Gesellschaft, déi ass, déi kann, an engem éischte Stadium jiddfalls, ouni Geriichtsuerteel déi Expulsiounen do virhuelen, an dass d'Responsabilitéit vun Täter esou öffentliche gemacht gëtt.

Déi relativ héich Strofe solle sécherlech d'Ofschrecke vu Gewalt doheem mat sech bréngen. Bedauernswäert ass, an ech hunn lech et scho gesot, dass d'Sensibilisation, déi vum Ministère aus ugeschwat ginn ass, sécherlech nach net déi ass, déi se géing verdéngen, well wann dat esou wier, da missten och beispillsweis d'Représentanté vun der Press geschoult gi fir iwwer Gewalt doheem net nëmme plakataarteg ze berichten, mä Recherchen, Ursacherecherchen ze maachen an esou eng Berichterstattung ze maachen, déi am Fong der Gravitéit vun Phänomene géing gerecht ginn.

D'Prevention ka vläicht méiglech gi mat deem Gesetz, wann d'Informationscampagne geet. Ech hat am Fong wëlles eng Motioun doriwier ze maachen, mä ech si sécher dass déi zoustänneg Ministesch net ofstreit, dass dat bescht Gesetz net vill dängt, wann et net dobauss bekannt ass, an dass wann ee gären hätt dass et bekannt gëtt, et net duer geet fir schrecklech Filmer ze maachen - eng Initiativ déi ech begrëssen -, mä dass massiv an den Zeitungen, an der Press, där geschriwwener an an de Radioen iwwert d'Gesetz bericht gëtt an drop opmierksam gemacht gëtt, wat sech vun deem Moment u wou d'Gesetz a Kraaft trëtt ännert, an dass et dann net méi esou ass, dass ee sech lichtschatz kann hannert engem Kavaliersdelikt verstoppen, wann een eng Fra huet a blo schléit.

D'Coopération institutionnelle ass ee vun deenen Elementer, déi an eise Gesetz sinn, an domadder wëll ech am Fong opale mat deene Prinzipieremarken, an et ass esou dass an Eisträich, wou dat Gesetz 1997 komm ass, déi éischt Evaluatiounen beweisen, dass de Succès vum Gesetz ofhänkt, ob déi Kooperatioun ënnert den Institutionen klappt oder net. Et ass also wichtig wa mer dat wëssen, dass och zu Lëtzebuerg opgepasst gëtt dass déi Öffentlichkeetsaarbecht an déi Kooperatioun do esou gefouert gëtt, dass dat Gesetz an der Praxis wierklech voll zum Droe kënnt.

Et kënnt een nach zwou Saachen uféieren zum Schluss, an zwar d'Recommandation vum Conseil de l'Europe, déi 2002 d'lescht Joer also geholl ginn ass a wou déi ganz Recommendationen - an ech mengen et waren der eng 30 - am Gesetzestext dra sinn, ausser zwou, dräi, déi ech hei wëllt opziele, an dat wier engersäits d'«Formation des professionnels travaillant avec des jeunes ainsi que du personnel de santé pour identifier les enfants et les adolescents qui vivent dans des foyers où règne la violence et de prendre les mesures nécessaires pour leur porter assistance».

An zweetens ass eng Iddi, déi wierklech ganz wichtig ass, d'«of-frir aux personnels médicaux une

formation leur permettant d'identifier les victimes de violence». Well ganz oft ass esou, dass d'Opfer bei den Dokter ginn a behaupten, se wiere géint d'Heizung gefall oder d'Trapen erofgefall, an dass et net evident ass fir e Generalist oder fir e Kinésithérapeute kënnen feststellen, wann en net dorober sensibiliséiert gëtt, ob déi Blesuren, déi e soll behandelen, effektiv kënnen vun enger Chute kommen an net eventuell vu Schléi, déi fräiwëlleg ausgedeelt gi wieren.

Dann gëtt et en drëten Aspekt, den an eise Gesetz net mat respektéiert ginn ass, an zwar dee vun immigréierte Fraen, respektiv och vun immigréierte Männer. Hei ass an der Recommendation gesot, dass wann et feststeet, dass immigréiert Frae geschloe gi sinn doheem, dass et misst eng Méiglechkeet gi fir deenen als Opfer vu Gewalt en indépendant Residenzrecht an deem Openhaltisland ze ginn, wou déi haislech Gewalt hinne passéiert ass.

En nächste Punkt ass, am Kader vun der Prevention, d'«Education à l'égalité des sexes et à la non-violence», ça va de soi, géif ee mengen, mais ce qui va sans dire va mieux en le disant.

An e leschte Punkt, an dat mengen ech ass wierklech en essentiellen: «d'élaborer des programmes de formation appropriés pour les auteurs d'actes de violence contre les femmes».

An da kommen ech mat deem Punkt am Fong op e Pabeier, den d'Femmes en détresse ausgeschafft hunn, an déi genau op deen dote Punkt, op d'Täterbehandlung e groussen Akzent geluecht hunn, den elo net an deemsem Projet de loi respektéiert ginn ass. Zemools wann ech elo kuerz an den Zeitunge gelies hunn, dass en matière de sécurité routière et elo e Pilotprojet gëtt, wou déi Leit, besonnesch déi déi fir d'éischte Kéier ee Problem mat der Circulation routière hunn, a Programmer geschéckt gi wou se konfrontéiert gi mat Victimé vun der Strooss an am Fong esou solle kloer gemacht kréie wéi wichtig et ass, dass jidderee sech un d'Spillregelen hält, net nëmme fir sengem eegene Pléséier Anhalt ze gebidden, mä virun allem fir déi aner Leit aus der Gesellschaft ze schützen.

En allerlescht Wuert iwwert d'«best practices»: Aner Iddien, déi een iwwert d'Gesetz eraus kënnt envisagéieren, an déi et an anere Länner gëtt, dat ass an der Belsch wou et eng spezifesch Formation op d'Violence bei där ganzer Magistratur gëtt, dat heescht beim Parquet a bei de Riichter. Ech mengen dass dat zu Lëtzebuerg eng gutt Iddi wier. A Finnland gëtt et en neit Gesetz vum leschte Joer, dat e Besuch während engem Joer verbitt, an dat Joer kann eemol verlängert ginn; si sinn awer amgaang eng Evaluatioun ze maache vun deem Detail fir erauszefannen, ob dat effektiv am Kampf géint d'haislech Gewalt eppes bréngt. A Schwede gi se e Krack méi wäit. Si huelen do de Contrôle électronique fir ze assuréieren, dass en Täter, den erausgesat ginn ass, sech net méi an déi näher Umgebung vu sengem Opfer ka beginn.

Spezialalarme gëtt et an Norwegen fir d'Victimé vun haislecher Gewalt, an a Spuenien gëtt dem Procureur d'Etat eppes Interessantes, wat net vill Opwand wier, a sengem jährleche Bericht un d'Autoritéiten, anlässlich zum Débat iwwert den Etat de la nation, e speziaalt Kapitel iwwert d'haislech Gewalt gefrot, fir kënnen au fur et à mesure ze analyséiere wéi dat Gesetz, wat si zënter kuerzem hunn, effektiv och an der Praxis ukënnt. An dann an Nordirland, wou d'Gewalt natierlech speziell en Thema ass, gëtt et de Forum de toutes les a.s.b.l., déi sech mat Opferschutz vu Gewalt ofginn, an et schéngt es wéi wann dee Pilotprojet, den do zënter zwee Joer ouni staatlech Hëllef leeft, soll iwwerholl ginn, well en an

der Praxis bewisen huet, dass dat dat Instrument ass wat et erlaabt, e gutt Gesetz an d'Praxis ëmzesetzen.

Domadder wëll ech ophalen an den Accord vu menger Fraktioun zu dësem, menger Meenung no, extrem wichtige Projet bréngen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Madame Maggy Nagel agedroen. D'Madame Nagel huet d'Wuert.

Mme Maggy Nagel (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Gewalt ass skandaléis an inakzeptabel. Si ass ëmsou méi inakzeptabel wa se sech an der Famill ofspillt. Member vun enger Famill ze sinn heescht Recht op Protektioun ze hunn, duerch dës Communautéit, grad esou wéi d'Obligation ze sichen, d'Membere vun dëser Communautéit ze protégéieren. D'Virstellung vun där fräier Liewensgestaltung vum Privatberäich huet mat sech bruecht, dass d'Gewalt an der Famill laang Joren en Tabuthema war a leider nach ëmmer dacks ass.

An hirem Rapport huet d'Madame Rapportrice - déi ech fir hire schréfftlechen a mëndleche Rapport félicitéiere wëll - ënnerstrach, dass an deene leschte Joren, zum Gléck, d'Gewalt an der Famill ëmmer manner wéi eng Privataffär, wou déi öffentlech Muecht net ze intervenéieren huet, behandelt gëtt.

De Balzac huet gesot: «La famille sera toujours la base des sociétés.» Wa mer eng gewaltfräi Gesellschaft wëllen, wat ech jo net unzweifelen, kënnen mer net akzeptéieren, dass et am Kär vun eiser Gesellschaft, der Famill, dës Gewalt gëtt.

Et besteet also Unanimitéit iwwert d'Nécessitéit, legislativ an aner Schrëtt ze ënnerhuelen. Dëst weisen d'Motionen, déi hei an der Chamber geholl gi sinn, wéi och de Regierungsprogramm, deen ausdrécklech festhält, dass légiféiert soll ginn. An zwar an deem Sënn, dass dee Partner, vun deem Gewalt ausgaangen ass, verbuede kritt den Domicile erëm ze betrieden.

Wéi et scho gesot ginn ass, ass sech hei um eisterräichesche Modell inspiréiert ginn. D'Fraktioun vun der Demokratescher Partei ka mat deem nëmmen d'accord sinn. Et ass an et war nach ëmmer eent vun den Uleies, dass konkret Moossname geholl solle gi fir deene Persounen, Fraen, Männer, awer och Kanner, déi Hëllef an Ënnerstëtzung zoukommen ze loossen, déi se brauchen. Ech wëll dofir och direkt den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi ginn.

Ech wëllt weider net op déi legislativ Moossnamen agoen, déi dëse Gesetzestext virgesäit. Dëst ass vun deene Riedner virdrun, an haaptsächlech vun der Madame Rapportrice gemaach ginn.

Am Moment hu mir wuel an eiser Gesetzgebung Moyaenë fir d'Affer vun der Violence domestique ze schützen, an am Stroferecht fanne mir Dispositionen, déi et dem Opfer erméiglechen, sàï Pénegeger unzesichen an hie veruerteelen ze loossen. Mä leider wësse mir awer och, dass déi meeschten Affer sech net trauen eng Plainte ze maachen. Ech begrëssen dëse Gesetzestext ëmsou méi, dass ech an der Orientéierungsdebat iwwert d'Violence domestique am Joer 2001 eng Motion déposiert hat, déi grad dës Gesetzgebung gefuerdert huet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet de loi huet seng Berechtigung. Et besteet keen Zweifel iwwert den absoluten Handlungsbedarf. Bei der Virbereedung vum Débat d'orientation am Joer 2001 hate mir d'Geleeënheet, mat verschiddene Lëtzebuerger Organisatiounen an der Kom-

missionen ze schwätzen, déi sech virun allem ëm d'Frae këmmere, déi vun hirem Partner mëssshandelt goufen. Ech mengen dës Leit misst ee félicitéiere fir hir alldéeglech Aarbecht, déi si um Terrain maachen, an hinne vill Courage wënsche fir an Zukunft an deem Sënn weider ze fueren.

D'Gewalt am Stot huet net nëmme Répercussione wat dat mënschlecht Leiden ugeet. De Schwäizer Professor Godenzi, dee sech op dësem traurege Gebitt spezialiséiert huet, huet dem Ausmooss vollen Ausdrock ginn andeems hie gesot huet, dass d'Gewalt an enger Koppel d'Frae méi Liewensjore kascht wéi Kriibserkrankung an Autosaccidenter, wéi meng Virriednerin och scho bemierkt huet.

Ech wëllt drun erënneren, dass de Ministère Rechnungen opgestallt huet, déi beleeeën, dass dës Gewalt all Joer ongeféier, an ale Lëtzebuerger Frang, 650 Milliounen kascht, sief dat duerch d'Intervention vun der Police, duerch de Fonctionnement vun eiser Justiz, de medizineschen Asaz an esou weider.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt awer Är Opmierksamkeit op de Fait zéien, dass dës Gewalt am Stot net op d'Gewalt géint Frae limitéiert ass. Sécher duerch eng Rei Faiten, kierperlecher Iwwerleeënheet awer och bestoend Mentalitéiten, ginn déi meeschte Fäll vu Violence domestique vu Männer géint Fraen ausgefouert. Mä et dierf ee bei dëser Diskussioun net vergiessen, dass och Kanner a Jugendlecher Opfer vun esou Gewalt sinn, grad wéi och d'Gewalt vu Frae géint Männer, vu Männer géint Männer, vun Erwuessene géint eeler Leit a géint Handicapéierter kann ausgefouert ginn.

Esou huet eng belsch Etüd erginn, dass ongeféier 20% vun de Leit iwwer 65 Joer Opfer goufe vu Violence domestique. Deeselwechte Problem stellt sech och bei eis am Land. Gewalt am Stot ass leider e vaste Sujet a ka verschidden Ausdrucksformen unhuelen. Kierperlech Gewalt, physisch an affektiv Vernoléissegung, forcéierten Isolation, Ofhängegkeet, sexuell Aggressioun, verbal a psychologesch Gewalt, finanziell Exploitation, Harcèlement op der Aarbechtsplaz an esouguer Muerd.

Et ass schwéier fir d'Violence domestique ze definéieren, mä si huet ëmmer als Finalitéit, dass een iwwer eng aner Persoun ka Muecht a Kontroll ausüben. A si betrëfft all sozio-ekonomesch Milieuë vun eiser Gesellschaft. Wa mir als Gesellschaft eppes fir d'Affer vun dëser Form vu Gewalt maache wëllen, dierfe mer eis net eleng op d'Frae begrenzen. D'Formation duerch verschidden Organismen, d'Sensibilisation, de juristesche Rot an d'Protektioun mussen all deenen zegutt kommen, déi ënnert dëser Gewalt ze leiden hunn, egal wat fir eng Form si huele kann.

Här President, ech mengen, et wier och gutt wann d'Statistiken iwwer all Kategorië vun Opfer géifen erfaasst ginn. Zu Lëtzebuerg feelt et eis un Donnéeën iwwert d'Fraen an d'Kanner, déi Opfer vu Gewalt sinn. Émsou méi feelt et eis un Donnéeën iwwert déi aner Kategorië vun Opfer, iwwert déi ech virdruscho geschwat hunn. D'Recherchen iwwert d'Ursaache vun dëser Gewalt an d'Programmer fir den Täter ze hëllef missten och ausgebaut ginn. Déi Erziehungsprogrammer vun den Affer vun de potentiellen Affer, vun den Täter an de potentiellen Täter mussen deem Rechnung droen, dass d'Violence domestique sech net einfach doppel begrenzt, dass Frae vu Männer geschloe ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, duerch dëst Gesetz maache mir e wichtige Schrëtt. Mir ginn den Affer vun der haislecher Gewalt Mëttele fir Hëllef ze kréien. Mir maachen awer och e wichtige Schrëtt fir dass et zu enger Anne-

rung vun de Mentalitéite kënnt, dass d'Bewosstsäin kënnt, dass d'Gewalt an engem Stot kee Randproblem ass, dass et net dem Affer seng Schold ass, dass et geschloen a mëssshandelt ginn ass. Mir brauchen e Mentalitéitswessel. Dëst erreeche mer nëmme wa mir op ville Plazen aktiv sinn, virun allem an der Education, doheem, an der Schoul, an alle Beräicher, déi ernimmt gi sinn. An enger Gesellschaft wou jidderee fir dat wat e kann Unerkennung an Ënnerstëtzung fënt, a fir dat wat en ass respektéiert gëtt, dierft d'Gewalt eigentlech keen Thema méi sinn.

Ech soen Iech merci fir Äert Nolautschteren.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jean Colombero agedroen. Den Här Colombero huet d'Wuert.

M. Jean Colombero (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir unzefänken e grouse Merci un d'Madame Nicklaus fir hire mëndlechen a schréfftleche Bericht, dee wéi gewinnt zolidd a substanzuell ass, a mir freeën eis ëmmer wann d'Madame Nicklaus Rapportrice genannt gëtt, da si mir och sécher, dass eng gutt Aarbecht geleescht gëtt.

(Interruptions diverses)

Mir diskutéieren haut iwwert d'häuslech Gewalt a wa mer eis d'Méi géife maachen, fir generell iwwert d'Entstoe vun der Gewalt, d'Gestioun an d'Léisung vun der Gewalt nozedanken an doriwwer ze debattéieren, da wäre mir nach laang amgaangen.

Ganz vill Leit a Philosophen hu sech mat dësem Problem beschäftigt a jiddereen hat seng eege Konklusiounen. Esou gong et zum Beispill dem Mahatma Ghandi, dee sech mat perséinlech Engagement géint d'Gewalt ausgeschat huet. Fir de Marquis de Sade war d'Gewalt guer kee Gespréichstema. Am Joer 1793 huet en e Buch geschriwwen „Aline et Valcour ou le roman philosophique“. Do geet Rieds vun engem Inselstat Tamoé, dee sech doduerch auszeechent, dass op dëser Insel keng Gewalt ass, dass et kee Verbrieche gëtt, aus der einfacher Ursaach eraus, well hei keng eenzeg Dot als Verbrechen oder als Gewalt definiert gëtt an hei dierf jidderee maache wat e wëllt.

Wa mer eis mam Ying a mam Yang beschäftigen, esou stelle mer fest, dass iwwerall do wou et hell ass, et och e schwaaarz Punkt gëtt an iwwerall wou et däischer ass, och en helle Liichtschäin existéiert. Extrapoléiert heescht dat, dass e friddleche Mënsch och e bëssent Gewaltpotential, Gewaltgefiller oder Gewaltgedanke mat sech féiert an dass e gewalttätege Mënsch och plus ou moins Nowéigefiller kann hunn.

An der Nikomachischer Ethik vum Aristoteles lese mir, dass deen Deel vun der Séil, dee vernunftbegabt ass, mat deem aneren Deel vun der Séil, deen net vernunftbegabt ass, zesumme muss liewen.

(Hilarité)

Et gëtt nach besser. Lauschttert emol no. Hie seet, dass e Bam zu enger gewëssener Zäit Bléien a Blieder dréit an dass e Bam zu enger Zäit keng Blieder a keng Bléien dréit, mä ofgesi vun der Tatsaach, dass e Bam Blieder oder Bléien oder guer keng Blieder a guer keng Bléien huet, ass e Bam e Bam an et weess kee firwat.

Extrapoléiert heescht dat, egal ob de Mënsch gewalttäteg ass oder net, et weess kee firwat dass de Mënsch de Mënsch ass a firwat dass en esou handelt.

De Stoiker Kleanthes 300 viru Christus seet, dass et tëschent

Fridden a Gewalt kee Mëttelwee gëtt. Bei all Handlung kënnt et nëmmen op déi ënnerlech Absicht un.

De Rousseau mengt, dass nëmmen d'Gewëssen de Mënsch zu senger Autarcie, dass heescht zu senger Onofhängegkeet brénge kann, fir de richtige Wee ze fannen.

An zulescht, de Origines vun Alexandrien seet 200 no Christus a sengem Wierk vun der Eschatologie, die Lehre von den letzten Dingen, dass et nëmme besser ka ginn, well am Universum et zu engem kosmeschen Zyklus vun Offall kënnt an dass d'Séil sech vu Liewen zu Liewen an duerch de Wee vun enger neier Inkarnation sech vum Béisen, dat heescht vun der Gewalt, befreit, bis endlech dat Béiswëllegt zerstiért ass, esou dass ee sech net vill Gedanken iwwert d'Gewalt soll maachen.

(Interruptions diverses)

Dat hei war d'Introduktioun!

Här President, no dësem Exkurs an d'Philosophie, gesi mer, dass d'Diskussioun iwwert d'Gewalt net esou schnell ad acta geluecht ka ginn, och net wa mer légiféieren heescht dat, dass mer eis eiser Verantwortung als Politiker müssen entziehen, fir weiderhin an dësem Beräich aktiv ze sinn.

Wat opfalend ass, ass de Fait, dass duerch d'Ännerung vun der Terminologie verschidde Saachen aneschtles ugepaakt ginn. Esou gëtt elo net méi iwwert de Familljesträit geschwat, mä iwwert d'häuslech Gewalt. Et ass ganz genau datselwecht, mä mir gebrauchen zwee verschidde Wieder. Fréier war jiddereen der Meenung, dass ee sech net sollt an e Familljesträit amëschen. Haut ass jiddereen der Meenung, dass een eppes géint d'häuslech Gewalt muss ënnerhuelen.

De Choix vum Wuert, de Choix vun der Terminologie zitt mat sech, dass als Konsequenz dovunner plus ou moins méi staark muss agegraff ginn, mä am Fong huet sech näischt geännert, well de Familljesträit datselwecht duerstellt wéi d'häuslech Gewalt.

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Tëschent streiden a schloen ass awer nach e groussen Ennerscheed, Här Colombero.

M. Jean Colombero (ADR).- Dëse Phenomeen, Här Gira, vun der Terminologie huet eis als Gesetzgeber schonn e puermol sollicitéiert fir ze légiféieren. Fréier hu mer zum Beispill vu Rivalitéitskampf geschwat an haut schwätze mer vu Mobbing.

Fréier hu mer vun enger aussergewéinlech oséierter Approche geschwat, haut schwätze mir vu sexueller Belästegung oder vun Harcèlement sexuel. Sécherlech wäert d'Mission déi sinn, dass wann eis gesetzlech Mesuren net gräfen, mir gezwonge wäerte gi fir an 20 Joer d'Terminologie erëm eng Kéier ze änneren, fir nei Mesurë kënnen anzeféieren a wie weess, hoffentlech musse mir net an 20 Joer vun häuslecher Aggressioun oder vu Partnerkrich schwätzen, fir d'Gewalt ze definéieren an anzedämmen.

Dofir ass et ganz wichteg, dass d'Politiker, an Dir Madame Minister sidd do ganz besonnenesch gefrot, fir esou wéi Är Regierungskolleegin d'Madame Brasseur dat annonciert huet, mat plus ou moins grossem Succès, eng Bildungssoffensiv ze starte mat „back to basics“, dat heescht an Ärem Fall fir Äre Ressort iwwersat, eng Familljebildungssoffensiv mat „back to family“.

Zréck zu deene Wäerter, déi verënnern datt d'Gewalt an der Famill iwwerhand kritt, esou dass mer eis net wéi d'Pompjeeë mam Feier, mat de Symptomer beschäftege mussen, mä mat den Ursaachen.

Här President, d'Regierungserklärung vun 1999 huet festgehalten,

datt e Gesetz iwwert d'häuslech Gewalt géif kommen an dass deen, deen d'Gewalt ausübt, aus dem Haus ausgewise gëtt, mat Erhéiung vun de Strofen. Fir op dës Mëssstand opmierksam ze maachen, huet parallel zum Gesetzesprojet de Ministère eng Campagne géint d'Gewalt géint Fraen a Kanner lancéiert. Domat ass jiddereen d'accord. Et besteet just ee Problem, eng Nuance, déi hei muss ervirgestrach ginn.

Wann een esou eng Campagne lancéiert, da muss ee versiche fir eng Strategie, eng Methodik ze fannen, fir dës Projet esou ze verkafen, dass hien net op Widerstand stéisst, mä eng Akzeptanz fënt, de Message ouni Hürd eriwueren kënnt, an anere Wieder, et muss een eng gewësse Marketingstrategie entwéckelen, dat heescht iwwersat: Jidderee muss llicht verstoen ëm wat et geet. Et dierf kee moralesch blesséiert ginn, an op kee Fall dierf ee mat der Dier an d'Haus falen, well soss risikéiere mir, dass dës Campagne aus Widerstand kontraproduktiv gëtt.

Et dierf keng Campagne ginn, wou den Haaptmessage draus ervirgeet, dass Männer kollektiv als gewalttäteg an als potenziell Vergewaltiger duergestallt ginn. Dat ass e falscht Signal, a meng Kolleegen, den Här Jaerling an den Här Gast Gibéryen, an ech selwer hunn a verschiddene Questions parlementaires op dës Phenomeen higewisen.

Mir stinn als ADR geschlossen do, fir d'Gewalt géint Fraen a Kanner ze ënnerbannen an aus der Welt ze schafen. Am Respekt, Madame Minister, géigeniwwer Ärer Initiativ, déi gutt gemengt ass, fir géint Fraen- a géint Kannergewalt virzegoen, si mer awer der Meenung, dass een dës Thematik méi professionell, méi diplomatesch, méi taktvoll a méi delikat sollt ugoen.

Ech wëll op dëser Plaz e Passage vun enger Broschür virliesen, déi ech leschte Freideg kritt hunn, eng Broschür, déi vum Service de la condition féminine vun der Gemeng Beetebuerg, der Gemeng Suessem an der Gemeng Esch ausgeschafft gouf, mam Titel: „Femmes et handicaps“ - Journée internationale de la femme 2003 – Thema: Jede Frau und jedes Mädchen kann sich wehren.

Et si Passagen, wou dat beschriwwe gëtt, wat ech hei gesot hunn: „Schwarze Männer und Migranten sowie Arme und Arbeitslose werden häufig als Täter dargestellt, so dass Rassismus und Klassenvorurteile gelehrt und aufrecht erhalten werden. Sexistische Gewalt gegen Frauen und Mädchen wird bewusst benutzt, um Rassismus und sexistische Gewalt zu rechtfertigen. Dieses falsche Täterbild und Strategien, die wir für unseren Schutz einsetzen, lassen uns gegenüber den Männern, die uns am häufigsten verletzen und vergewaltigen, nämlich Männer, die wir kennen, zu leichten Opfern werden.“

Op enger anerer Säit gëtt gesot: „Die meiste Gewalt ist geplant. Sexistische Gewalt passiert am häufigsten in der Familie, im engen Freundes- und Bekanntenkreis.“

Wir sollten uns regelmäßig fragen: „Was kann ich tun, wenn ich jetzt angegriffen werde? Kann ich weglaufen? Welche Richtung ist am sichersten? Habe ich etwas, das ich als Waffe einsetzen könnte?“

Männer planen ihre Gewalt gegen uns. Sie suchen sich Frauen aus, von denen sie keinen Widerstand erwarten.“

Weider heescht et: „Kämpfe! Wir müssen dem Angreifer deutlich zeigen, dass wir bereit sind, ihn zu verletzen. Dazu zielen wir auf seine schwächsten Körperstellen. Männer haben keine Hemmungen, uns zu verletzen; in einem Kampf um unser Leben sind unsere Hemmungen jemandem weh zu tun, völlig ungeeignet. Wir müssen bereit sein, den Mann zu verletzen und unseren 100%igen Willen einset-

zen, um aus der gefährlichen Situation herauszukommen. Wenn wir unsere Wut und Energie durch Schreien aus dem Bauch herauslassen, verstärken wir unsere Verteidigung. Kämpfe mit Entschlossenheit!"

Här President, wéi ech dat gelies hunn, war déi éischt Fro, déi ech mir gestallt hunn: Si mer hei amgang e preventive Partnerkrich ze preparéieren?

Ass dat heiten déi reell Situatioun an där mir haut liewen? Sot mir dat. Ass dat heiten déi reell Situatioun, jo oder neen?

Ass dat heiten den Ufank vun enger net méi ze bremsender Geschlechterfeindlecheit? Do wëllt ech gären eng Äntwert.

Kënnst et esou wäit, dass all Fra, all Kand eng Waff an der Täsch muss hunn, fir sech eventuell wieren ze kënnen?

Musse mir an Zukunft oppassen, fir un een erun ze trieden an deem vläicht Bonjour ze soen?

Här President, mir als ADR si bereet, géint all Form vu Gewalt eis anzesetzen, all Form vu Preventivmoosnamen ze droen, mä méi wäit gi mir awer net.

Mir hëllefen net mat, wa Frae géint Männer ausgespillt ginn an ëmgedréint. Mir setzen eis fir eng Partnersymbios an, déi d'Fundament vun eiser Famill garantéiert an duerstellt. A fir dëst Zil vun der Partnersymbios ze erreechen, setze mir eis verstärkt an op eng engagéiert Manéier fir Preventivaktivatiounen an.

All Berufsgruppen, déi mat dem Problem vun der Gewalt a Beréierung kommen, solle sensibiliséiert ginn, an hei misst haaptsächlech d'Gesondheetswiese mat abezu ginn. Häuslech Gewalt gëtt oft net als solch erkannt, an dat ärztlecht Personal an och d'Fleegepersonal sinn net geschoult fir mat dëser Thematik richteg ëmzegoen. Dem Gesondheetswiese kënnst eng ganz entscheidend Roll bei der Preventioun vun der Gewalt zou. Praktesch all Fra geet eng kéier an hirem Liewe bei den Dokter, sief et fir en allgemenge Gesondheitsbilan, sief et bei enger Schwangerschaft oder enger Gebuert, oder bei Krankheeten, sief et hir eege Krankheet oder wann d'Kanner krank sinn.

Fraen, déi vu Gewalt betraff sinn, wende sech un den Dokter, fir Verletzungen ze heelen, oder wéinst de chronische Folge vun der Gewalt. D'Fachpersounen am Gesondheitsberäich si meeschtens déi éischt a munchmol och déi eenzeg Persounen un déi d'After vun der Gewalt sech wenden. Si hunn eng grouss Chance, fir preventiv ze wirken a fir deene gewaltbeträffene Persounen Zougank zu Hëllefangebotere ze vermëttelen.

Weider preventiv Moosname sinn eng Educatioun zu enger konfliktfräier Sträitschlichtung, Strategien entwéckele fir déi eege Perséinlechkeetsstärkung, gewaltfräi Erzéiung, öffentlech Veranstaltungen zum Thema Gewalt, Afloss op d'Jugendsozialisatioun a Form vun der Vermëttlung vun neie gewaltfräie Männlechkeetsbiller, esou wéi d'Vermëttlung vu gewaltfräie Konfliktléisungsmustere bei deene jonke Kanner schon, Projeten op kommunaler a lokaler Basis fir eng Breitenwirkung ze erreechen, Programmer fir déi fréizäitig Erkennung vu Konfliktsituatiounen an defizitäre Liewensbedingunge vu Jugendlechen, Fortbildung, Weiterbildung fir d'Léierpersonal, Stärkung vum Selbsthëllefspotenzial vun de Familljen, fir esou een aktive Bäitrag zur Preventioun vun der Gewalt an der Erzéiung ze leeschten, eng besser Berodung duerch d'Aféiere vu Qualitéitsstandarde beim Kanner- a Jugendtelefon, Elterecoursen, gewaltfräi Kommunikatioun fördern, d'Polizei méi op hir nei Tâche virzebereede mat Fortbildungsseminaren. Wéi mir hei

gesinn, et brauch een nëmmen erfinderesch ze sinn, fir d'Promotioun vun der Gewaltpreventioun ze fördern.

Wat dat neit Gesetz elo betrëfft, esou menge mir, dass dëst Gesetz dobaussen och bekannt muss ginn. An hei ass et wichteg fir eng Campagne ze lancéieren, dass dat neit Gesetz a Kraaft ass. Mir waren allegueren erstaunt, wéi déi lescht Woch um RTL Leit interviewt goufen, déi mol keng Ahnung haten, dass d'Fraisé vun hire Virementé géife stegen. Mir gesinn nach ëmmer Leit dobaussen, déi mam Auto fueren a mam Handy telefonéieren. Dofir menge mir, dass d'Leit Bescheid solle wëssen, dass den Täter vun engem häusleche Gewaltakt aus dem Haus gewise ka ginn, och wann hien Eigentümer ass.

Ech wëllt drop hiweisen, dass an der Stad Halle a Sachsenanhalt am Joer 2001 346 Asätz vun der Polizei wéinst klassischer Hausgewalt gezielt goufen. D'Halschent dovun waren Alkoholiker, Leit, déi grana-tevoll waren, esou dass se net méi wossten op wie se geschloen hunn.

(Interruption)

Dat brauch een net ze entschëlle-gen, dat ass an der Rei. Wann d'Zentral uewen net méi funktionéiert, da mécht ee ganz kuriéis Saachen. Dofir ass et ubruecht, dass d'Informatioun vum neie Gesetz och bis zum leschte Bierger duerchkënnst.

Mir fuerderen eng fachgerecht Ausbildung vun der Polizei, mat Fort- a Weiterbildungsseminaren, well grad d'Polizeiagente mussen e gewëssent Fangerspëtzegefill hunn.

Zum Schluss fuerdere mir eng Evaluatioun, wa méiglech en alljährege Bilan mat engem genaue Suivi, wat mam Affer geschitt ass a wat mat dem Gewalttäter passéiert ass, fir, wann eventuell eppes net géif gutt funktionéieren, nei legislativ Schrëtt kënnen ze ënnerhuelen.

Dat gesot, ginn ech d'Zoustëmmung vu menger Partei zu dësem Gesetz. Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Madame Renée Wagener agedroen. D'Madame Wagener huet d'Wuert.

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Merci, Här President. Ech mengen, dass dëse Projet, dee mer haut virleien hunn, ee vun deene wichtigste Projete vum Fraeministère an dëser Legislaturperiod ass. Et kéint ee vläicht eng kleng Kritik hei ubréngen: Et ass och ee vun deene weinigen, mä sécherlech awer ee vun de Meilesteng vun dëser Legislaturperiod, an och ee ganz wichtige Bäitrag zur Gesetzgebung, wat d'Gläicheit tëschent de Geschlechter betrëfft.

Et huet eng Zäit gebraucht, mir hunn e laange Wee elo hannert eis, dee Projet hei ass am Mee 2001 déposéiert ginn. Deemools ass nach gemengt gi mir kéinten no Éisträich dann déi Zweet an Europa ginn, fir an déi Richtung ze goen. Mëttlerweil hunn eng Rei vun aneren europäesche Länner scho légiféréiert, trotzdeem mer virun zwee Joer am Fong schon en Débat haten, wou mer eng grouss Eenegkeet heibanne festgestallt haten, a wou och der Madame Nagel hir Motioun deemools, fir a Richtung vun esou engem Projet ze goen, unanime ugeholl gi war.

Mir hunn awer duerno gemierkt, dass et an de Kulisse ganz vill Oppositioun géif ginn, zum Beispill beim Parquet an der Justiz, zum Beispill och, am Ufank zumindest, bei der Police, där hir nei Roll natierlech och huet missen iwwerluecht an akzeptéiert ginn, an dann awer och ganz staark beim Conseil d'Etat, wou mer net manner wéi 3 Avisé kritt hunn a ganz vill Oppositiounen, wou een d'Fro awer wirklech ka stellen, ob déi Oppositiounen ëmmer esou fundéiert waren,

oder ob se vläicht vu subjektiven, fir net ze soe machistesche Motiven hierkoumen.

Also mir hunn dee Projet hei wirklech missen duerch d'Prozedure boxen. Ech stelle fest, dass och hei am Parlament selwer eng Rei vun Oppositiounen bestanen hunn. De Projet de loi weist, dass et an eiser Gesetzgebung ganz vill...

Villmoos merci, Här Bodry.

M. Alex Bodry (LSAP).- Voilà. **(Brouhaha général)**

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Ech weess net, ob Dir versicht den Image vun de Männer heibannen ze retten.

M. Jean Colombero (ADR).- Dat sinn déi nei Männlechkeetsbiller, wou mer ëmmer beim ADR gesot hu si misste kommen. Gutt, Här Bodry. Merci.

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Dee Projet de loi weist, dass et vill Nachholbedarf an eiser Gesetzgebung gëtt. Ee vun deene frappantsten Artikelen, dee mer niewebäi mat dësem Gesetzesprojet ofschafen, ass den Artikel 413 vum Code pénal, wat en absoluten Anachronismus ass, an ech wëllt lech en net virenthale fir ze weisen, wou mir momentan zu Lëtzebuerg nach dru sinn.

Mir haten en Artikel, dee Folgendes gesot huet: «Le meurtre, les blessures, les coups sont excusables, lorsque le crime ou le délit est commis par l'un des époux sur l'autre époux et son complice à l'instant où il les surprend en flagrant délit d'adultère. » Dir gesitt also, dat doten ass eng Approche, déi wahrscheinlech nach aus dem 19. Johonnert staamt. Op alle Fall ass et eng, wou et héich Zäit gëtt, dass mer se ofschafen a wou et am Fong verwonnerlech ass, dass se iwwerhaapt nach an den Texter stoung.

Mir hunn awer och festgestallt, wéi mer eis mat deem Projet befaasst hunn, dass et zu Lëtzebuerg esou ass, dass d'Vergewaltung am Bestietnis weiderhin net méi staark bestrooft gëtt wéi ausserhalb, wou ee sech och ka Froen driwwer stellen. A, wéi gesot, mir hu gemierkt, dass et keng spezifescht Gesetzestexter zur Violence domestique bis elo géif ginn. Dofir ass dat heiten also e ganz wichtige Projet.

D'Zil dovunner ass net nëmmen, wat jo schonn eleng wichtig ass, de Schutz vun den Opfer, mä och eng ganz kloer gesellschaftlech Oflehnung vun der Gewalt. Gewalt an der Famill gëtt net akzeptéiert! Dat ass wichteg fir den Täter, well hie muss seng Verantwortung huele fir seng Doten. Mä et ass awer och wichteg fir Police a Justiz, an et ass wichteg fir d'Gesellschaft. An der däitscher Terminologie gëtt do vun Normverdeutlichung geschwat. Ech mengen, dass dat och e ganz wesentlechen Aspekt vun deem Text hei ass.

D'Schweierpunkter dovunner si scho genannt ginn. Een Haaptvolet ass d'Wegweisung, wou mer leider och eng Rei vu Konzessiounen hu missen un de Statsrot maachen. Et ass schonn dovunner geschwat ginn, dass mer d'Durée vun der Wegweisung hu misse reduzéieren. Ech wëllt drop hiweisen, dass Éisträich, also dat Land wat fir d'éischt esou e Gesetz ausgeschafft huet, am Ufank zweemol siwen Deeg virgesinn hat, an dass si awer 1999 schonn eng Reform vun hirem Gesetz gemaach hunn, wou se dunn op de Wee gaange si fir déi Zuel vun den Deeg op zweemol zéng Deeg an d'Luucht ze setzen, well se selwer gesinn hunn, dass déi Zäitspann ze kuerz war. Et muss een also soen, dass et gutt ass, dass mer net nach weider erof-

gaange sinn, mä menger Meenung no wär et besser gewiescht, wa mer bei eise 14 Deeg, déi mir am Ufank emol haten, bliwwen wären.

Et muss och an Éisträich elo kontrolléiert ginn, ob dat Verbot agehale gëtt. Dat schéngt mer och e wichtige Punkt ze sinn. Do muss d'Police mindestens eemol an den éischten dräi Deeg zrëck op d'Plaz kucke goen. Ech denken, dass dat och vläicht en interessante Wee wär, iwwert deen ee sollt nodenken.

D'Police ass iwwerhaapt en zentralen Acteur an deem neie Gesetz a si muss ganz kloer ëmdenken, wat hir Aktiounen an deem Beräich betrëfft. Et geet net méi ëm d'Schlichten, mä et geet drëms fir d'Opfer aus der Situatioun eraus ze kréien. Si muss natierlech och vill méi staark mat de Services d'assistance zesummeschaffen. D'Roll vun de Services d'assistance gëtt also och hei wesentlech gestärkt an ausgebaut.

Am Ennerscheid zu dem éisträichesche Modell sinn hei awer keng Interventionszentren nei geschafeginn, mä et gëtt zrëckgegraff op déi existent Servicer, déi vun den ONGen ugebuede ginn an déi mat an dee Schutzprogramm agebonne ginn. Si sollen och geziilt vun der Police a Kontakt mam Opfer bruecht ginn, an donieft awer och, an dat ass ganz wichteg, kënnen Partie civile ergräifen. Dat ass sécherlech e ganz wichtigen Aspekt vun deem Projet.

D'Madame Err hat virdru schonn d'Fro opgeworf, ob deen heiten Aspekt genuch geregelt wär. Ech hunn d'Gefill, dass eis Texter do relativ vague sinn am Moment, an dass mer wahrscheinlech nach eng kéier mussen drop zrëckkommen, fir do méi Klorheet ze schaffen. Op alle Fall gesäit een och do, dass am éisträicheschen Text déi Saach méi staark geregelt ass.

(M. Paul-Henri Meyers prend la Présidence)

An do kommen ech och schonn op dee Punkt vun der Zesummenaarbecht an deem Comité de coopération vun deene Professionellen, déi hei all zesumme géint d'Violence domestique schaffen. Och hei huet een d'Gefill, dass mer net ganz vill Upaken hätte wéi dee Comité soll funktionéieren. Am Gesetzestext steet, dass e Règlement grand-ducal dat soll am Detail regelen. Do kann ee sech natierlech d'Fro stellen: Wéi gesäit dee Règlement grand-ducal dann aus? Geet et duer, wa mer dat an d'Zukunft verleeën, oder hätte mer eis net schonn éischter misse mat deenen dote Froen ausenaner setzen?

Zwee aner wichtig Punkten op déi ech elo net méi weider aginn sinn d'Circonstances aggravantes an och d'Tentative vun de Coups et blessures, wou mer elo eng aner Form, och op Drock vum Conseil d'Etat, hu misse wielen, mä déi awer am Text bestoe bliwwen ass.

Dann e Punkt, dee mir ganz wichtig schéngt, dat ass dee vun de Statistiken, wou virgesinn ass, dass deen neie Comité, deen do geschafegëtt, se och soll auswäerten a Konklusiounen draus zéien. Par rapport zu deene Statistiken, also wou et jo drëms geet, wéi vill Fäll dass virkomm si vu Wegweisungen, respektiv wéi vill Frae sech bei der Police gemellt hunn an esou virun, stellen ech mir awer d'Fro, ob déi och veröffentlecht ginn, natierlech net de Leit hir Nimm, mä einfach nëmmen d'Zuelen, fir dass net nëmmen dee Comité Bescheid weess, mä dass mir als Öffentlecheit an als Parlament och kënnen gesi wéi d'Evaluatiounen do sinn. Bis elo, dat musse mer jiddefalls feststellen, gëtt et och an deem Beräich ganz weineg Zuelematerial. Ech konnt just erausfannen, dass mer am Joer 2000 méi wéi 1.000 Fraen haten, déi sech u Berodungsstelle gewannt hunn, an dass mer am Joer 2001 méi wéi 800 Fraen a Fraenhaiser haten.

Här President, ech hunn dofir och emol nach eng Motioun preparéiert. Ech hu mer zwar elo mëttlerweil d'Fro gestallt, ob et iwwerhaapt nach e Sënn huet heibanne Motiounen anzereeche, vu dass den Här Weiler jo virdru quasi en Embargo verhaangen huet.

(Interruption)

Ech kréien elo gesot, dee wär net méi hei, mä trotzdeem hat ech d'Gefill, dass vun elo bis bei d'Wahlen et vläicht net méi vill Sënn hätt, fir hei nach mat Motiounen ze kommen. Ech versiche mäi Gléck dann awer.

Wéi gesot ech hunn déi Motioun preparéiert - ech ginn lech se och, Här President -, déi haaptsächlech dann op dee Comité de coopération ageet. Si freet éischstens, dass mir als Parlament kënnen dee Projet de règlement grand-ducal, dee jo dann iergendwann eng kéier muss ausgeschafft ginn, als Egalitéitskommissioun och presentéiert kréien, fir datt mer e bëssen och gesinn a wéi eng Richtung datt et soll goen.

Ee wichtige Punkt dass déi Acteuren an Actricen, déi an deem Comité do vereent wäerte ginn, dass déi op hir nei Tâche preparéiert ginn, datt se och eng Formatioun kréien, fir dass dat ka gutt funktionéieren. An d'Fro déi ech mer och gestallt hunn, an dat ass dann och eng vun deene Fuerderungen déi hei erëm kënnst, ass ob dann net misst awer fir dee Comité do eventuell e Service administratif kreéiert ginn, well ech froe mech ob et esou evident ass, datt all déi Leit, déi hei an deem Beräich schaffen, dann nach niewelaanscht e Comité de coopération fonctionnéiere loos-sen.

Da froe mer och datt déi Statistiken, déi elo opgestallt ginn, a vun deene wéi gesot dee Comité soll Konklusiounen zéien, all Joer solle veröffentlecht ginn, an dat schéngt mer och e wesentleche Punkt ze sinn, iwwert dee mer net ganz vill geschwat hunn, dass doriwwer nogeduecht gëtt, wat dat neit Gesetz un neie Ressourcen un Aarbechtskräften néideg mécht, fir datt et iwwerhaapt kann applizéiert ginn an dass mer am Budget Posten dofir virgesinn. Well wa mer dat net maachen, an ech kommen herno nach op dat Thema zrëck, da fäerten ech wäerte mer den Demanden, déi un eis gestallt ginn an déi duerch dat neit Gesetz da vläicht net kreéiert ginn, mä méi daillech ginn, net kënnen gerecht ginn.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant que la nouvelle loi sur la violence domestique repose sur l'existence de ressources humaines disponibles dans les différents secteurs chargés de son exécution;*
- considérant qu'elle prévoit la création d'un „comité de coopération entre professionnels dans le domaine de la lutte contre la violence“;*
- considérant que l'existence et le bon fonctionnement de ce comité sont essentiels pour l'efficacité de ladite loi;*
- considérant que la loi prévoit également l'établissement annuel de statistiques sur la violence domestique;*

invite le Gouvernement

- à élaborer dans les meilleurs délais un projet de règlement grand-ducal sur la composition, l'organisation et le mode de fonctionnement de ce comité et à le présenter à la commission parlementaire pour l'égalité des chances entre femmes et hommes;*
- à assurer une préparation et une formation adéquate des acteurs et actrices réuni-e-s dans le „comité de coopération entre professionnels dans le domaine de la lutte contre la violence“ à leurs nouvelles tâches;*

- *à mettre en place des structures de fonctionnement efficaces de ce comité, le cas échéant soutenu par un service administratif à créer;*
- *à publier désormais annuellement les statistiques afférentes ainsi les conclusions qu'en tire le „comité de coopération“ chargé par la loi de les étudier;*
- *à prévoir dans les budgets de l'Etat qui s'annoncent l'augmentation du nombre des postes prévus pour la lutte contre la violence domestique, aussi bien auprès des forces de l'ordre qu'auprès des services d'assistance agréée.*

(s.) *Renée Wagener, François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss.*

Ech wollt kuerz nach eng kéier op dat éisträichescht Gesetz zrëckkommen an do och kucken, wéi dee Bilan ausgesäit, dee si awer no enger Rei vu Joren elo scho kënnen zéien, an do géif ech lech bieden op Äre Schiirm ze kucken, wann Der wëllt.

Här President, ech hunn d'Gefill ech misst hei ganz haart jäizen, vläicht geet dat och aneschters, wann Der eng kéier Är Schell betätet.

Ech wollt lech bieden op Äre Schiirm ze kucken. Do hutt der nämlech Statistiken, dat ass en Dokument dat heescht 03/07/vioWien, oder esou eppes an där Kategorie. An do gesitt Der e bësse wat fir eng Evolutiounen datt et haapt-sächlech zu Wien an deem Interventionszentrum gi sinn, no-deems datt dat Gesetz hei agefouert ginn ass. Vläicht just kuerz och eng Klammer, dass dat Gesetz ganz vill vum politesche Wëllen ofhänkt. Dat huet sech och an Eist-räich gewisen. Dat Gesetz ass nämlech do ganz kuerz virun der Wende gestëmmt ginn, déi leider an Eist-räich komm ass, där Wende no riets, an doropshin ass déi Problematik vum Personalmangel an deenen Interventionszentren och ganz akut ginn.

(M. Jean Spautz reprend la Présidence)

Elo vläicht zu deene Statistiken déi Der do gesitt. Do gesitt Der op där éischer den Ustieg vun deene Fäll, déi vun der Police un déi Wiener Interventionsstell gemellt gi sinn, an et ass jo esou gewiescht dass d'Gesetz an Eist-räich - ech menge '97 oder '98 - agefouert ginn ass an do gesitt Der déi explosiounsarteg Evolutioun vun de Meldunge vun '98 bis 2002. Et kann een also d'Fro stellen, ob dat Gesetz Opfer vu sengem Succès ginn ass, well jiddefalls déi Leit aus där Interventionsstell do, déi bekloe sech ganz batter, datt se am Fong de Leit guer net kéinten hëllefen, well se guer net d'Personal hätte fir deenen Demanden ze begéinen.

Et sinn also wéi gesot am Joer 2002 1.500 Meldunge gewiescht, ech bezéie mech an deene Statistiken, déi duerno kommen, awer op 2001. Do hate mer 1.086 Meldunge manner bei der Wiener Police also, an dovun 1.045 Wegweisungen, wat jo awer e ganz groussen Undeel dann ass.

Et gëtt dann och an deem Rapport gesot, aus deem ech déi Zuelen hei erausgeholl hunn, dass d'Wegweisung ganz oft widderholl gëtt. Datt et net bei enger kéier bleift, mä dass et oft zwee- bis esouguer fënnemol zu esou Wegweisungen vun ëmmer deemselwechten Täter kënnt. Dat weist zwar, dass et ëmmer erëm eng Réckfallsituatioun och gëtt, mä op där anerer Säit weist et awer och, an dat ass positiv, dass d'Opfer am Fong ëmmer méi op dat neit Instrument zrëckgräifen, datt se ëmmer manner Hemmungen hu fir bei d'Police ze goen an hir Situatioun ze mellen an dann och eng Wegweisung an d'Weeër ze leeden, datt se also och an där ganz konkreter an akuter Situatioun op dat neit Instrument do zrëckgräifen.

Dann hutt der op deene Säiten, déi duerno kommen, fir d'éischt eng Statistik iwwert d'Geschlecht vun den Opfer a vun den Täter. Dat schéngt mer insofern interessant, well mer jo och heibannen ëmmer erëm déi Diskussioun hunn: Ass d'Gewalt männlech oder ass et en allgemenge Phenomeen? Vu wem geet se aus? Wien erleit se? Ech mengen, dass dat ganz interessant Zuelematerial ass, wann ee sech dat ukuckt. Wann een zum Beispill elo d'Opfer kuckt, do gesäit een dass an där doter Interventionsstell de Prozentsaz vun den Opfer 92,2% Frae waren a 4,2% Männer. Wann een dann ëmgedrëint d'Geschlecht vun den Täter kuckt, dann ass d'Situatioun wierklech genau spigelverkéiert, da gesäit een datt et 95% Männer sinn an 4% Fraen.

Dat heescht also, datt een net ka soen, datt d'Gewalt ausschliesslech ee Phenomeen vu Männer wär, mä op där anerer Säit gesäit een awer och déi ganz däitlech Tendenzen, dass et ee Problem haauptsächlech vu Männer ass. Dat ka sech menger Meinung no änneren. Mir stellen zum Beispill fest, och zu Lëtzebuerg, datt ëmmer méi jonk Meedercher och extrem aggressiv a gewalttätig kënnen ginn. Dat huet also duerhaus eppes mat soziale Situatiounen, respektiv mat ugeléiertem Verhalen ze dinn, wat sech och duerch gesellschaftlech Verännerunge ka mat veränneren. Mä sécherlech, an dat soll een net ewech rieden oder ignoréieren, ass d'Gewalt awer an eiser heiteger Gesellschaft ëmmer nach e Problem, deen haauptsächlech vu Männer ausgeet.

Dann déi nächst Statistik. Do geet et ëm d'Verhältnis tëschent Täter an Opfer. Dat weist eigentlech nach eng kéier e bëssen déi ähnlech Situatioun, mä et geet nach méi an den Detail. Do gesi mer zum Beispill dass bei de Fraen, wann d'Fraen Opfer sinn, et haauptsächlech hir Männer oder hir Liewenspartner sinn déi schloen. Wa se vu Frae geschloe ginn, da sinn dat haauptsächlech Duechteren, Mammen oder Leit aus hirer Bekantschaft. Wa Männer Opfer sinn, wat vill méi eng niddreg Zuel natierlech ass, da sinn et haauptsächlech och erëm eng kéier hir Fraen oder hir Liewenspartnerinnen déi schloen, et kënnen awer och Männer sinn déi se schloen, an dat sinn dann zum Beispill Pappen, Bridder an esou virun.

Dir gesitt also hei vill méi een differenziéiert Bild, wéi dat wat mer eis vläicht heiansdo iwwert d'Situatioun vun der Gewalt maachen, an ech huelen un datt wa mer zu Lëtzebuerg eng kéier esou Zuelen da presentéiert kréien, datt se relativ ähnlech ausgesi wäerte wéi déi heiten.

Här President, domat wëllt ech déi Klammer zoumaachen an d'Fro opwerfen, ob all Problemer mat deem Gesetz hei am Beräich vun der häuslecher Gewalt geléist sinn. Dat sécherlech net. Wat een nämlech och feststellt, dat ass datt deen zentrale Punkt vun dësem Gesetz, nämlech d'Zesummenaarbecht tëschent verschiddenen Acteuren, och kann d'Schwaachstell vum Projet sinn. An Eist-räich ass zum Beispill festgestallt ginn, dass d'Informatiounen iwwert d'Plainten net un déi Interventionszentre virugeleet gi si vun der Police, dowéinst konnt dann och näischt Wichteges ënnerholl ginn. Oder dass d'Dauer, bis et zur Behandlung vun der Plainte duerch de Parquet komm ass, extrem laang war, eppes wat mer zu Lëtzebuerg jo och elo scho leider müssen öfters erliewen.

Dofir sinn och do schonn eng Rei vu Fuerderungen opgestallt ginn, wou mir eis als Lëtzebuerg vläicht kënnen direkt och domat befaassen an aus anere Leit hire Feeler léieren. Speziell Zoustännegkeete si gefuerdert gi bei Parquet a Police, speziell Schoulungen och an dann och dem Parquet an de Gerichter kloer maachen, datt Wegweisung keen Ersatz ass fir Haft, mä datt et a besonnesch schwéie-

re Fäll ëmmer och nach muss dozou kommen, dass Leit adequat bestrooft ginn.

Kontroll iwwer eventuell Récidiven, an do kënnt dann dat mat eran, wou d'Madame Err scho virdru bedauert huet, dass mer an Hinsicht vu Sammele vun Daten iwwert déi Täter relativ ageschränkt awer elo sinn an dass et zum Beispill och bei eis kënnt zu deem Phenomeen kommen, deen an Eissträich age-tratt ass, datt ebe bei Récidiven net schnell genuch konnt gehandelt ginn, well net schnell genuch konnt op déi Dokumentatiounen oder Daten zrëckgegraff ginn, datt Leit sech schonn eng kéier eppes zu Scholde komme gelooss haten.

De schnellen Informationsfloss also tëschent den Acteuren, besonnesch bei Récidivisten, schéngt mer ganz wichteg ze sinn, an dann och, dass déi Kommunikatioun tëschent dem Service d'assistance an der Police muss ganz gutt fonctionnéieren.

Ee Punkt, deen och muss ënnerstrach ginn, d'Interventioun vun der Police muss ëmmer dokumentéiert ginn. Och wann et zu enger Schlichtung kënnt tëschent de Leit wou d'Gewalt entstanden ass, oder wa Plainten am Nachhinein zrëckgezu ginn, dann ass et wichteg, dass dat awer notéiert gëtt fir am Fall wou et zu enger Récidive kënnt, datt een da kann novollzéie wat dat fir eng Situatioun ass, an dass nach eng kéier méi spezifesch op de Problem vun deenen Täter higewise gëtt, déi nach no enger Trennung oder Scheedung gewalttätig a geféierlech ginn. Och hei si wahrscheinlech speziell Mesurë gefuerdert.

Datt de System awer u sech fonctionnéiert, dat weisen och aner Plazen, wou schonn d'Gesetz applizéiert ginn ass, respektiv Modellversich stattfonnt hunn, wéi zum Beispill a Baden-Württemberg. Do waren an engem Joer 803 Wegweisung geschwat ginn an nëmmen 3,7% vun de Männer hunn net gefollegt op déi Wegweisung. Dat schéngt mer och e ganz wichtige Punkt ze sinn, dass déi Wegweisung schonn eng gesellschaftlech Achtung ausdréckt an eng Strof fir Männer, déi méi grave ass, wéi wann hir Frae fortginn an an d'Fraenhaus ginn. Wa si selwer vun der Police erausgesat ginn, dann ass dat eppes wat se relativ eeschtschénngen ze huelen.

Trotzdeem muss een natierlech festhalen, dass dat hei net wäert dozou féieren, dass d'Fraenhaiser, déi mer am Moment zu Lëtzebuerg hunn, wäerte kënnen zougemaach ginn. Et wäert leider ëmmer nach esou bleiwen, dass do weiderhi Fraen Zouflucht sichen. Et ass net an alle Fäll, wou et ugesot a méiglech ass, datt ee mat Wegweisung kann de Problem léisen.

Ech kéim da vläicht nach op e puer Mankoë vum Lëtzeburgerger Projet ze schwätzen an ech wëllt drop hiweisen, dass am Joer 2001, wéi mer deen Débat hei haten zum Fraendag, eng Hellewull vu Motiounen gestëmmt gi sinn, haauptsächlech vun der Majoritéit, well déi vun der Opposition sinn ofgelehnt ginn, wéi haut och,...

(Interruption)

...an do ass zum Beispill eng Motioun gewiescht, d'Motioun 2, wou gesot ginn ass, et sollt een eppes am Beräich vun der Täterbehandlung maachen. Ech liesen hei: „étudier les méthodes de traitement des auteurs de violence conjugale et transposer les meilleurs pratiques au Luxembourg“.

Ech stelle fest, dass mer an dësem Gesetz net vill, oder guer net iwwert d'Täterbehandlung schwätzen. D'Täterbehandlung ass och en däregen Thema. Et ginn eng Rei vu Feministinnen, déi fannen dat

wär, wann net iwwerflësseg, dann dach awer eng Niewesaach. Ech denken, dass dat eng falsch Approche ass. Ech mengen, datt et e Bestanddeel vun engem Gesamtkonzept misst sinn an dass et zesumme mat der Preventiounsarbeit déi eenzeg Méiglechkeet eigentlech ass fir de Problem un der Wuerzel ze paken. Well alles wat mer um Niveau Wegweisung oder Schafung vu Fraenhaiser maachen ass eigentlech awer nach End-of-pipe-Politik, déi mer bedreiwen. A wann ee wierklech wëllt de gesellschaftleche Problem an de Grëff kréien, da muss een och bei den Täter usetzen.

Et ass schonn hei gesot ginn, dass eng Rei vun Täter selwer als Kand mësshandelt gi sinn, oder awer an hirer Famill geléiert hu wéi Konflikter mat Gewalt geregelt goufen, wou et also quasi eng Traditioun war ze schloen, respektiv gewalttätig ze sinn. Dofir menge mer, datt et och misst Ulafstellen zu Lëtzebuerg ginn, wou Männer, déi bei sech selwer gewaltvollt Verhale feststellen, sech kënnen hiwenden, wou se och kënnen Technike léieren, fir mat physische Stresssituatione gewaltfräi ëmzegoen.

Natierlech däréi déi Täterbehandlung net op d'Käschte vum Opferschutz goen. An ech soen dat ganz däitlech. A wann ech vu Käschte schwätzen, da mengen ech dat och um budgetären Niveau. Et kann net esou sinn, dass Gelder fir Täterbehandlung ewech geholl ginn, wou et ëm den Opferschutz par rapport zu de Frae geet. Et muss ganz kloer sinn, dass do nei Geldressourcë geschafe ginn, déi dobäi kommen. Soss hu mer natierlech näischt geschafft, an et ass net ëmsoss wou och am Ausland de Motto vun deenen Täterbehandlungsstellen deen ass: All Schrétt an der Täteraarbecht muss dem Opferschutz notzen.

An Eist-räich hu se dat och esou gesinn, an dofir hu se zënter 1999 do e Programm lafen, wou esouwuel Eenzelgespréicher fir d'éischt mat den Täter gefouert ginn, wou déi iwwerhaapt emol solle realiséieren, datt se e Problem hunn, datt se eng Verantwortung ze huelen hunn a wou dann och Gruppegesprécher gefouert ginn a wou Kriseninterventiounen ugebued ginn. Wat interessant ass, ass, datt deen Antigewalttraining och ka vum Gericht verhaange ginn. Et ass jo och erëm d'Fro opkomm, ob et e Sënn mécht d'Leit ze forcéieren fir esou Behandlungen ze maachen, ob dat dann iergendwéi eppes bei hinne verännert. Et ass awer festgestallt ginn an deene Programmer, déi bis elo gelaf sinn, dass dat duerhaus Sënn mécht, dass d'Täter oft grad am Ufank net d'Motivatioun hu fir an de Programm eranzegoen, respektiv datt se just matmaachen, well se mengen domat kënnte si hir Relatioun retten a wann et da ganz kloer gëtt, datt hir Fra net méi wëllt bei se zrëck, da brieche se dee Programm of. Trotzdeem, wa se méi laang dobäi sinn a wa méi intensiv mat hinne geschafft gëtt, dann ass et awer esou, wa se zu engem Ofschloss vun deem Programm kommen, dass et relativ grouss Chancë gëtt, fir datt se net méi réckfällig ginn.

Wéi gesot, doriwwer fanne mer näischt am Projet de loi. Och zum Thema Preventioun fanne mer näischt an och do hunn ech lech nach eppes Klenges op de Moniteur gesat. Wann Der ganz um Schluss kuckt vun Ärer Lëscht, och bei Info, da fannst Du en Dokument dat heescht Helmer. Vläicht kënnt der lech dat emol och opmaachen. Et ass virdru gesot ginn, dass et wichtig wär, dass wann dat Gesetz a Kraaft trëtt, dass dann eng nei Campagne géif gemaach gi fir d'Leit drop opmierksam ze maachen. Ech fannen dat selbstverständlech och. Wat mir awer wichteg schéngt a wat een och bei deem heite Beispill gutt gesäit, dat ass, dass et wichteg ass, datt Männer zu deem Thema Positioun bezéien. An hei gesitt Der en däitsche

Footballspiller. Ech hunn en net kennt, en heescht Thomas Helmer, vläicht seet dat anere Leit eppes heibannen.

(Interruptions diverses)

Deen Här huet sech un enger Campagne bedeelegt, wou eben och Männer sech ganz kloer géint Männergewalt ausgeschwat hunn. Dat schéngt mer e ganz wichtige Punkt ze sinn an dat géif vläicht och hëllefen, fir dass déi Polariséierung, déi ëmmer erëm geschitt an déi mer och an deem Parlament hei ëmmer erëm kënnen feststellen, wann et ëm dat Thema geet, kënnt ofgebaut ginn.

E kuerzt Wuert just nach zum ronnen Dësch, deen et och an Eist-räich a Form vun engem Präventionsbeirat gëtt. Mir hunn zwar dee Comité de coopération, mä dat ass éischer en Aarbechtscomité. Ech hätt et wichteg fonnt, wa vläicht och e bësse méi en öffentleche Begleetgremium dobäi gewiescht wier, dee méi allgemeng iwwer nei Usätz an der Gewaltpreventioun, grad och an deem heite Beräich, hätt kënnen schaffen an déi Gesetzgebung an hir Applikatioun kënnen begleeden.

Här President, ech iwwersprangen hei e bëssen, well ech gesinn datt meng Zäit fortleeft. Ech hunn awer allerdéngs jo och eng Motioun. Dofir hunn ech dann nach e puer Minutte méi.

E lescht Thema, dat ech wëllt uschwätzen, ass dat vun de Kanner. D'Gewalt u Frae betrëfft ëmmer och d'Kanner, direkt oder indirekt, an nach ëmmer gëtt deen Zesammenhank tëschent Fraemësshandlung a Kannerëmësshandlung ze mann berücksichtegt. D'Kanner sinn awer ëmmer gefährdet. Och wann de Papp nëmme Gewalt géint d'Mamm ausübt leide Kanner jorelaang ënnert deene Situatiounen, a si sinn och selwer der Gewalt schutzlos ausgeliiwert.

Dofir schéngt et mer och, wéi wann déi Motioun, déi mer 2001 - nach eng - gestëmmt haten, och vun der Majoritéit, eigentlech immens wichtig gewiescht wär. Hei sinn zum Beispill Fuerderungen un d'Regierung gewiescht wéi Cours de formation fir Enseignantes, fir datt se besser d'Maltraitance kënnte bei de Kanner erkennen, Formatiounen fir d'Medeziner, Formatiounen fir d'Police, Formatiounen fir d'Magistraten. Eng ganz Rei Iddien also déi duerhaus interessant sinn. Déi heite Motioun ass zwee Joer al an et wär ganz interessant ze héieren, wat aus deene Fuerderungen do ginn ass.

Ech kéim zu menger Konklusioun, Här President. Dat Gesetz hei ass e wichtige Meilesteen an eiser Gesetzgebung. Ech si frou, dass mer dee Projet zum Ofschloss konnte bréngen, och wa leider eng Rei vu wichtige Punkte vum Conseil d'Etat ofgeschwächt oder gestrach goufen, wat an der Praxis wäert zu Schwierigkeeten, menger Meinung no, féieren.

Leider hu mer an enger Rei vu Beräicher net légiféréiert, déi och dermat zesammenhängen. Wichtig ass awer virun allem, dass dat Gesetz kann applizéiert ginn an dofir brauche mer onbedéngt neit Personal, net nëmme bei der Police, mä och bei de Services d'assistance; ouni dat kann dat Gesetz hei net fonctionnéieren.

Ech wënsche mer, Dir Dammen an Dir Härren, dass dëst Gesetz méi erreecht wéi déi vill technesch Regeln a Gesetzer, déi mer oft hei stëmmen, an datt et an de Käpp vun de Leit eppes verännert. Ech wënsche mer, och wann dat vläicht naiv kléngt, dass et hëlleft d'Gewalt als Konfliktléismittel zum Anachronismus ze maachen.

Ech soen lech merci.

Des voix. - Très bien.

M. le Président. - Als nächst ass den Tour un der Familljeministesch, der Madame Marie-Josée

Jacobs. Madame Jacobs, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse*.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géing fir unzefänke wëllen der Madame Ferny Nicklaus-Faber merci soe fir hiren excellente Rapport, mä och als Presidentin vun der Chancëgläichheetskommissioun, an och allen Dammen an Hären, déi an där Kommissioun dra sinn, well ouni hir wäertvoll Mataarbecht wiere mer ganz bestëmmt haut net hei fir dat Gesetz ze diskutéieren. A wann ech et gutt verstanen hunn, schéngen all d'Fraktiounen et wëllen ze stëmmen. Et ass esou viles hei gesot ginn, datt, fir kengem méi den Owend nach hei Gewalt un ze dinne, ech ganz kuerz ka sinn an net erëm alles widderhuelen, wat gesot gouf.

Ech wëll just soen, datt dësé Projet generell d'Gewalt an der Famill betrëfft, datt heescht, d'Gewalt vun engem op deen anere Partner oder Partnerin, ob d'Koppel bestuet ass oder ob si et net ass, vun den Elteren a Grousselteren op d'Kanner a vun de Kanner géint d'Elteren an d'Grousselteren. Ech wëll dat soen, well ëmmer erëm gesot gëtt: Dir schwätzt nëmme vun de Fraen an net vun de Männer. Neen, och Männer erliewe Gewalt a fale selbstverständlech ënnert dëst Gesetz.

E wichtege Message ass ouni Zweifel, datt d'Gewalt an der Famill keen Tabuthema méi ass, a wann an der Privatsphär, esouguer am Numm vun der Léift, maltraitéiert, geschloen an abuséiert gëtt, datt dat da jiddferree vun eis alleguerten eppes ugeet. D'Fraen an d'Kanner, well dat sinn déi, déi am meeschte vun der häuslecher Gewalt beträff sinn, déi kënneen elo an de véier Wänn geschützt ginn. Wéi gesot, zielt dat selbstverständlech och fir d'Männer.

Mir wëlle mat dësem Gesetzesprojekt och e Mentalitéitswiessel bewierken an domadder weisen, datt Gewalt doheem keng Privilegeleeneheet méi ass.

1980 ass zu Lëtzebuerg dat éischt Fraenhaus opgemaach ginn an zënterhier konnte Fraen a Kanner, déi Affer vu Gewalt waren, Schutz do fannen. Den Täter kommt am Logement bleiwen a säi gewalttätig Verhalen hat fir hien dacks keng Konsequenzen. D'Affer ginn nach eng Kéier gestrooft. Si mussen aus hirem sozialen Émfeld. D'Kanner verléieren de Kontakt mat hire Frënn a mussen d'Schoul wieselen. Nom 1. Juli vun dësem Joer waren 98 Fraen an 84 Kanner an de Fraenhäuser, an dovun haten 81 Frae Gewalt erlieft.

Tëscht 2000 an 2002 sinn an eise Land am Beräich vum Kapitalverbrechen néng Affäre geschitt, an dovun fënnf weinst häuslecher Gewalt. EeLeit Leit sinn un de Suité vun dëser häuslecher Gewalt gestuerwen, fënnf Fraen a sechs Kanner. Sechs Kanner!

Ënnert deenen néng Täter war eng Fra, déi hire Puppelchen ëmbruecht hat. Ënnert den Affer war och ee Mann, deen zwar fir d'éischt seng zwee Kanner a seng Fra ëmbruecht hat, an du sech selwer.

Ech denken, datt dës Zuelen eigentlech eng kloer Sprooch schwätze fir all déi, déi mengen, mir bräichten eigentlech näischt ze maachen.

Mir hunn eis ganz staark inspiréiert un deem éisträichesche Gesetz, fir och domadder ze soen, datt dat hei net nëmme eng verréckten Id-di vun enger hallwer Dose Fraen zu Lëtzebuerg ass, mä well mer gesinn hunn, datt dee Phenomeen och am Ausland als eppes ugesi gëtt, wat net aldeeglech ass a wat een net nëmmeen als eng Privataffär kann hinhuelen.

Mir hunn och éischt Erfahrungswärter aus Éisträich. Allerdings gëtt et verschidden Zuelen. Dat

hängt sécher dovun of, wéi ee Rapport ee kuckt. 1998 gouf an Éisträich 1.449-mol ausgewisen. An d'lescht Joer wieren et der duebel esou vill gewiescht.

■ **Mme Renée Wagener (*DÉI GRÉNG*).** - Meng Zuele ware just vu Wien.

■ **Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse*.** - D'éisträichesche Fraenhäuser hunn och d'lescht Joer net manner Fraen a Kanner opgeholl. Aus hire Statistike geet ervir, datt nëmme 10% vun de Fraen an de Kanner, déi an dësen Häuser sinn, duerch d'Polizei dohinner komm sinn. Och bei hinne bleift d'Donkelziffer ganz héich, sou wéi dat wahrscheinlech och bei eis wäert trotz dem Gesetz geschéien.

Déi éisträichesche Erfahrung huet awer och bewisen, datt verschidde Bedenken, déi am Ufank an Éisträich geäussert goufen, onbegrennt waren. Dat heescht, datt d'Wegweisung géing féieren zu enger méi grousser Eskalatioun vun der Gewalt, an datt Täter, déi géifen ausgewise ginn, op der Strooss géife landen.

Wie rëft d'Polizei? Den Hëllefsservice fir d'Affer vu Salzburg huet an 203 Fäll, wou d'Polizei alarméiert ginn ass, opgeschlëselt vu wien d'Polizei geruff ginn ass. 75% vun deenen, déi selwer bedroht goufen, 11% vun den Noperen, 8% vun de Kanner, 6% vun den Hëllefstellen a 6% vun der Famill an de Frënn.

Eng Konklusioun ass, datt et zum Deel d'Kanner sinn, déi deem engen Elterendeel wëllen hëllefen. D'soziaalt Émfeld schéngt manner beträff se sinn, well d'Police gëtt nëmme vu knapps 20% vun der Famill a vun Noperen alarméiert.

Zu Lëtzebuerg musse mer eis selbstverständlech froen, obwuel mer d'Police ruffen, wann et ze haart an engem Appartement hiergeet, well eng Party gefeiert gëtt, ob mer och de Courage hätte fir d'Police ze ruffen, wann den Noper oder d'Nopesch een deen anere géife schloen.

90% vun de Fraen, wou de Mann ausgewise ginn ass, hu sech vun engem Hëllefsservice berode gelooss. 5.000 Clienten hunn am Joer 2001 an den Hëllefsservicer an Éisträich ëm Rot gefrot. Eleng zu Wien 1.624 Fraen.

Ganz dacks gëtt gefrot: Mä firwat geet déi Fra dann net einfach fort? Dir Dammen an Dir Hären, einfach geet iwwerhaapt keen, an einfach geet et och net. Trennungen a Gewaltsituatiounen sinn extrem schwieereg a sinn och extrem geféierlech. An Trennungssituatiounen kënnert et zur Eskalatioun vun der Gewalt. Déi meescht Schwéier Gewalttöten, wéi Dotschlag a Mord, geschéien dann. Mir brauchen nëmme un dee Papp ze denken, dee virun e puer Deeg an der Eifel seng zwee Kanner a sech selwer op eng horribel Aart a Weis dout gemaach huet. A firwat? Well seng Fra hie wollt verloossen.

An da muss ee sech effektiv awer d'Fro stellen, ob et nach richtig ass, wann een do vun engem Familiendrama schwätzt. Ech mengen dat geet méi wäit. Och d'Wieder spillen eng wichteg Roll an deem heiten Discours.

Da gëtt et d'Täterstrategie, wou d'Fra engem seet, ech wollt akafé goen, do hunn ech gesot kritt vu mengem Mann: Gees de erëm, fir dass de bei dän aneren Typ kanns goen? Do huet d'Fra gesot: Da ginn ech net, da géi du. Dunn huet se geäntwert kritt: Ah sou, fir datt deen dann déi Zäit kann heihinner kommen, wou ech fort sinn.

Dir gesitt also, datt et schwieereg ass, fir op esou Aussoen ze reagéieren. Mä mir stellen awer fest, datt et och Duebelstrategie gëtt, déi vun den Täter ausgefouert ginn. Eng Kéier doduerch, datt d'Opfer systematesch geschwächt

gëtt duerch Aussoe wéi: Du kanns jo näischt, oder du bass jo näischt. Datt d'Fra isoléiert gëtt, esou gutt vun hire Frënn wéi och vun hirer Famill, an datt och hir Liewenspläng futti gemaach ginn, andeem se gesot kritt: Ma ouni mech bass du souwiso näischt, a wann ech net méi do sinn, wat bass du dann nach?

Do derniewent komme Momenter, wou een dann erëm ganz léif mateneen ass a wou een och Blumme geschenkt kritt, an dat heescht dann am Fachjargon: den Dokter Jeckyll an de Mister Hyde Syndrom.

Zweete Punkt vun der Strategie ass d'Kontroll vun dem Verhalen, wou ganz streng Alldagsregelen opgestallt sinn, déi mat Gewalt bestrooft ginn, wou d'Fra oder de Mann bestänneg ënner Kontroll sinn a wou och gewaltig Jalousieszeene gemaach ginn. All dëst geschitt iwwer Joren, lues a lues a mat System. Esou ee System muss ee fir d'éischt selbstverständlech selwer erkennen, ier een e ka léisen.

Wann ee jorelaang geschloe ginn ass, dann huet ee kee Courage méi an et huet een och kee Selbstvertraue méi. Déi Wonnen a Schied, déi d'Affer hunn, sinn net nëmme physischer Natur, mä och psychescher. Fir d'éischt muss een erëm eng Liewensperspektiv hunn a Selbstbewusstsein a Selbstvertrauen, fir datt ee sech iwwerhaapt erëm kann trauen, fir Ënnerstützung a Sécherheet ze fannen. Fir all dës Elementer zesummenze kréien, brauch ee selbstverständlech och Zäit.

Mir hunn eng Partie vun Aarbecht, déi gefrot ginn ass, an der Zwëschenzäit geleist. Ech denke besonnesch un d'Formatioun. Zënter der Campagne „Keng Kompromisser méi géint d'Gewalt géint Fraen a Meedercher“ hu mer 13 Formatrice vun enger kanadescher Spezialistin an der Gewaltproblematik ausbilde gelooss. Hei geet et besonnesch drëm fir anere Professionelle matzedeelen wéi se erausfannen, ob häuslech Gewalt am Spill ass a wéi se kompetent kënne intervenéieren. Eng Fro, déi vun enger ganzer Rei vu menge Virriednerinnen a Virriedner gestallt ginn ass.

Zënter zwee Joer hunn all déi nei Polizisten och dës Formatioun matgemaach. Ausserdeem hu mer eng ganz Rei vu Sozialaarbechter aus deene verschiddene Secteuren ausgebilt an de Parquet huet säin Interessi ugemellt fir am Joer zéng Memberen ze forméieren an och d'Police wäert all hir Leit bis an de spéiden Hierscht an dës Formatiounen schécken.

Ech wëll dobäi soen, datt hei gefrot gouf, datt mer Familljemoosnamen missten ergräifen. Do hu mer, ouni ze waarden, datt mer dat hei an der Chamber gefrot ginn, zënter engem Joer zesumme mat dem Kannerschlass vu Suessem eng Eltereschoul, déi amgang ass ze fonctionnéieren an déi mer probéieren iwwert dat ganz Lëtzebuerg Land auszudehnen, wou et ëm Problemer an de Famillje geet a selbstverständlech och d'Gewalt ee vun de Punkten dovunner ass.

Esou gutt d'Rapportrice, wéi och eng ganz Partie vu menge Virriedner hunn insistéiert op d'Täteraarbecht, wat zu gläicher Zäit selbstverständlech och Afferschutz ass.

Am November vun dësem Joer proposéiere mer eng Formatioun fir Tätertherapeuten, ausschliesslech fir Männer, déi mat Jugendlechen a mat Männer schaffen. Bei der Täteraarbecht geet et drëm, dem Täter seng Responsabilitéit zréckzeginn. Hien huet geschloen. Nëmme hien ass dofir verantwortlech a schliesslech nëmme hie ka wider Gewalt verhënneren. Dës in-

tensiv Formatioun leeft iwwer dräi Joer an ass beruffsbegleedend. Dat heescht, datt dës Leit elo ewell um Terrain schaffen, an datt se zu gläicher Zäit ausgebilt a superviséiert ginn. Mir schaffen och un engem europäesche Projet mat, wou mer eng Täterhotline kréien. Dës soll um Joresenn ulafen an dat geschitt an der Testphas zu Lëtzebuerg.

Wat geschitt mat den Täter wa se ausgewise ginn? Si kréien eng Lëscht mat Adressen, wou si en Ënnerdaach a wou si och Hëllef kënne fannen. Et ass nach ze bemerken, datt d'éisträichesche Erfahrung weist, datt déi meescht déi Hëllef, déi se ugebuede kréien, net unhuelen. Ech denken, datt domadder déi Froen, wat mer gemaach hunn a wat mer wëlles hunn ze maache vis-à-vis vun den Täter, beäntwert sinn oder weinstens Der gesitt, datt eis dat net egal war, an datt mer och dorunner geschafft hunn.

D'Medienaarbecht ass hei ervirgehuewe ginn an ouni Zweifel och eppes wat wichteg ass. Zesumme mat der Police, dem Jugendministère, der Justice an dem Intérieur wäerte mer Spote maache fir de Radio. Spoten, an deenen erwuesen a jugendlech Männer d'Wuert ergräifen no dem Modell, wou mer och probéiere Prominenter dofir ze gewannen, déi sech kloer géint d'Gewalt aussprechen.

Hëllef awer och fir d'Affer. Mir hu finanziell Mëttelen zur Verfügung gestallt, fir den Affer eng proaktiv Hëllef an Ënnerstützung duerch déi kompetent Servicer zoukommen ze loosse. D'Affer mussen net nëmme iwwer hir Rechter opgekläert ginn, mä brauchen ofgesi vu Versteesdemech an Opmonterung meeschens och nach eng Ënnerstützung a Begleedung bei deene schwéieren Démarchen. Dat Schwéierst bleift, datt d'Affer sech erëm ka sécher spieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Dir mierkt, datt ech op d'Gesetz selwer net méi aginn. Ech hätt nach eng ganz Geschicht gehat, déi ech hätt wëllen erzielen, mä aus Respekt virun der Zäit wëll ech dorobber verzichten. Jiddferree, dee se awer gären hätt, dee kritt se gären zur Verfügung gestallt.

(Interruptions)

Ech wëll awer soen, Här President, datt ech weess, datt vill Leit net verstinn, datt mer esou e Gesetz solle brauchen. Ech weess och besonnesch, datt eng ganz Partie Deputéierte Schwierigkeete mat dësem Projet hunn. Vlächicht sollten si mat Polizisten oder Leit vun den Ambulanzen schwätzen, fir ze héieren wéi grujelech esou häuslech Gewalt ka sinn. Ech hunn ee Beispill héieren vun der Police, déi zweemol an en Haus geruff ginn ass, an déi drëtte Kéier sinn se nach spontan dohinner kucke gaangen, an d'Fra huet gesot, et wier alles an der Rei, et hätt sech alles berouegt, an eng Stonn duerno war se dout.

Ech weess, datt mir grouss Changeementer an déi verschidde Gesetzter an och Gerichtsprozeduren aféieren, wat besonnesch fir verschidde Juristen an Affekote Kritiken a Froen mat sech bréngt, esou wäit datt gesot gëtt et wier n'importe quoi dëst Gesetz, mä vlächicht hätt ee jo kënne virauser dofir suergen a senger Dichtegkeet, datt een dat ewell alles geännert gehat hätt, dann hätte mir net bräichten doranner dokteren ze goen, an da wier et wahrscheinlech jo net n'importe quoi gewiescht. Mä, wéi gesot, mir si jo keng mat schlechtem Charakter.

Mir hunn nach keng Erfahrung doranner, mä Dir wësst alleguerten, datt, wann et Problemer mat deem engen oder mat deem anere Punkt sollt ginn, dann ass dat och kee Problem fir d'Gesetz ze änneren. Et gëtt Gesetzter, déi all Joer Changeementer erliewen, also solle mer och dësem Projet seng Chance ginn.

Ech hoffen, datt duerch dësé Gesetzesprojekt vill sichtbar an unsichtbar blo Plaze verhënnert ginn. Firwat maachen d'Leit sech eigentlech d'Liewe selwer esou schwéier? Keen huet d'Recht deen aneren als Geisel ze huelen. Wann ee seng Problemer an der Koppel nëmme mat Gewalt, physischer oder och psychescher, ka léisen, da soll ee besser iwwerleeën, ob et net méi richtig wier ausereneen ze goen, am plaz d'Partnerschaft, déi fir déi zwee a fir d'Kanner méi en Drama ass, nach virunzeféieren.

Kanner, déi doheem gesinn, dass nëmme mat Gewalt probéiert gëtt Problemer ze léisen, mengen dat wier déi eenzeg Méiglechkeet a si risquéieren als erwuesse Leit och erëm Gewalt auszeüben. D'Chancëgläichheet tëscht Männer a Fraen, Jongen a Meedercher, ass eigentlech déi eenzeg Garantie fir Gewalt an all hire Formen ze verhënneren. Wa mer léieren, datt Männer a Fraen aneschters sinn, mä datt een esou vill wäert ass wéi deen aneren, dann hu mer méi Respekt an Toleranz vis-à-vis vun deem aneren an och vis-à-vis vun deem, wat aneschters ass.

Wa mer de Courage hu méi konsequent dës wichteg gesellschaftspolitesch Changeementer ze maachen, da kréie mer ouni Zweifel eng besser Welt, déi méi schéi fir jiddferree ass, wou mer och kee Rassismus an och keng Diskriminatioun méi dran hunn. Ech wënschen eis alleguerten dës Courage an ech soen lech alleguerte villmools merci, och wann Der de Courage hutt dëst Gesetz ze stëmmen, obwuel Der vlächicht e bësseleche manner dorunner gleeft. Merci villmools.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - D'Diskusioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4801.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Asselborn)

D'Artikelen 1 bis 12 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen elo of iwwert de virleien-de Projet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen an enger Abstentioun.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes (par M. Laurent Mosar), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Marcel Sauber (par Mme Nelly Stein), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel (par M. Jeannot Belling), M. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Nikki Bettendorf (par M. Jean-Paul Rippinger), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helmingier (par M. John Schummer), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Gusty Graas), Mme Maggy Nagel, MM. Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi (par M. Mars Di Bartolomeo);

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Gast Gibéryen), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Jacques-Yves Henckes) et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

S'est abstenu: M. Jean-Paul Rip-pinger.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Motion 1

Dann hätte mer nach eng Motioun, déi d'Madame Renée Wagener am Numm vun deene Gréngen abruecht huet. Ech mengen, den Text läit vir, si huet en och expli-zéiert, esou datt jiddferree weess, wou en drun ass.

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Ech froen d'Madame Mi-

nister nach Stellung ze huelen, well si huet dat nach net gemaach.

M. le Président.- D'Madame Minister huet d'Wuert.

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solida-rité sociale et de la Jeunesse.- Här President, ech ka mat deem éischten Deel vun där Motioun d'accord si fir ze soen, datt mer, wa mer de Règlement grand-ducal hunn, domadder an d'Chamberskommis-sioun kommen. Dir wësst, dass dat fir mech kee Problem ass. Och wann et net Usus ass, sinn ech awer gäre bereet dat ze maachen.

Dat wat ech net kann unhuelen, dat ass, datt mer gesot kréie wat mer mat de Budgeté maache missten. Dir verstitt, datt dat eng Fro ass, déi mer mussen apprécieieren. Ech wäert mech mussen an där nächster Woch bei de Budgetsde-batten an der Regierung domad-der ausernee setzen.

Selbstverständlech, mir hunn elo ewell eng Partie, dat heescht dräi

Posten, déi an deene verschidde-ne Servicer sinn. Wéi vill datt mir der zousätzlech kréien a wéi déi ganz Organisatioun och vun där Kommissioun do geet, do mengen ech ass et nach net de Moment fir sech doriwwer ze äusseren, an do-fir géing ech soen, Här President, datt ech déi Motioun an deem Sënn net kann unhuelen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Mir stëm-men elo of.

Ass ee Vote électronique ver-laangt?

(Assentiment)

Mir stëmmen dann elektronesch iwwert d'Motioun of.

Vote

Déi déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen.

D'Motioun 1 ass verworf mat 35 Nee- a 24 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer et Marc Zanussi (par M. Alex Bodry);

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Robert Mehlen), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Jo-sée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hau-pert, Nico Loes (par M. Lucien Cle-ment), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par Mme Fer-ny Nicklaus-Faber), Marcel Sauber

(par M. Marco Schank), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Claude Wi-seler;

Mme Simone Beissel (par M. Jean-not Belling), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Marco Schroell), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. John Schummer), Mme Maggy Na-gel, MM. Jean-Paul Rip-pinger, Mar-co Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

M. Jacques-Yves Henckes.

Dir Dammen an Dir Hären, domad-der wiere mer um Enn vun eiser Sit-zung ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer de Mueren a fänkt um néng Auer un.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 23.34 heures)

Ordre du jour

1. 5085 - Projet de loi portant

- modification de la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier;

- modification de la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier;

- modification de la loi modifiée du 31 mai 1999 régissant la domiciliation des sociétés

(Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)

2. 5158 - Projet de loi portant renforcement du cabinet des juges d'instruction près le tribunal d'arrondissement de Luxembourg et portant modification de la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire

(Rapport de la Commission juridique - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'en-semble du projet de loi et dispense du second vote con-stitutionnel)

3. 4863A - Projet de loi modifiant la loi du 10 juin 1999 rela-tive aux établissements classés

4863B - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 27 no-vembre 1980 ayant pour objet la création d'une admini-stration de l'environnement

Interpellation de M. Camille Gira sur l'application de la loi commodo-incommodo

(Rapport de la Commission de l'Environnement - Discus-sion générale - Lecture du texte des projets de loi - Votes sur l'ensemble des projets de loi et dispenses du second vote constitutionnel - Motion - Vote)

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Luc Frieden, Minis-tre; M. Eugène Berger, Secrétaire d'Etat.

(Début de la séance publique à 9.01 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber ier-gendwellech Matdeelungen ze maachen?

(Négation)

Dat ass net de Fall.

Da komme mer elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5085 iwwert de Secteur financier. Et si schonn ageschriwwen: déi Hären Hauptert, Krecké, Graas a Gibéryen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Lucien Clement.

1. 5085 - Projet de loi portant

- modification de la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur fi-nancier;

- modification de la loi modifiée du 23 décem-bre 1998 portant créati-on d'une commission de surveillance du secteur financier;

- modification de la loi modifiée du 31 mai 1999 régissant la domi-ciliation des sociétés

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Lucien Clement (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn et de Moien nees eng Kéier mat engem Projet iwwert d'Finanzplaz ze dinn. Ausnahmsweis, géif ech soen, ass en net grad esou tech-nesch, datt een e quasi nëmme kann an Zuelen an och kompli-zéierte Fachausdréck erëmginn. Et ass éischter e bësse méi e juriste-sche Projet. Ech wëll versichen a mengem mëndleche Rapport op eng kloer a verständlech Manéier duerzeleeën ëm wat et an deem Text elei geet.

Op der Finanzplaz operéieren nie-went de Banke selwer eng ganz Rëtsch vu sou genannte Profes-sionnels du secteur financier, kuerz PSFe genannt. Dat sinn déi Gesell-schaften, verschiddener kënnen och physesch Persoune sinn, déi finanziell Déngschtleeschunge ronderëm d'Aktivitéit vun de Kredit-instituter ubidden. Dës PSFen ën-nerleien der Kontroll vun der CSSF a mussen och beim Minister en Agrément fir hir Aktivitéit ufroen.

Allerdéngs hu sech am Laf vun der Zäit eng ganz Panoplie vu weide-ren Aktivitéiten op der Finanzplaz a ronderëm d'Finanzplaz entwéckelt, déi weder spezifesch geregelt sinn, nach kontrolléiert ginn. Sënn an Zweck vun dësem virleiende Projet ass et elo dës Aktivitéiten ze erfaassen a se der Kontroll vun der CSSF mat Agrément vum Minister a mat finanzieller Basis ze ënner-stellen.

Domat soll éischstens an e puer vun dësen Aktivitéiten d'Méiglechkeet vun der Geldwäsch ënnerbonne ginn, zweetens an all dësen Niewe-secteurs de Professionalismus an déi professionell Honorabilitéit gefördert ginn, an drëttens richteg spezialiséiert Déngschtleesch-ungsberäicher geschafe ginn, déi eis Finanzplaz géigeniwwer der Konkurrenz aus dem Ausland wei-der demarkéiere sollen.

Viséiert vum Projet si fir d'éischt d'Aktivitéiten, déi reng finanzieller Natur sinn an haut nach keng wei-der Regelung kennen. Dat sinn, ech nennen se séier mat hirem offi-ziellen Titel: déi professionell Dé-po-sitaire vu Wäertpabeieren oder anere finanziellen Instrumenter, d'Agents de transfert et de registre, déi Professionell, déi Geld léinen, déi, déi Wäertpabeiere léinen, déi,

déi Fongen transféréieren, d'Ver-walter vu gemeinsame Spuerfong-en an d'Gestionnaire vun net koordinéierten Anlagefongen.

Wat déi all am Detail maachen ass am Text vum Projet selwer defi-néiert. Ech ginn och dorobber net hei an. Meeschtens handelt et sech ëm héich spezialiséiert Aktivi-téiten am Émgank mat Finanzpro-dukter. Wichteg ass, datt se alle-guerten eng reng finanziell Aktivi-téit hunn. Si si bis elo awer kenger Kontroll ënnerworf. Well se awer mat erhieflechen Zommen oder Geldwäerter operéieren, a well hir Tätigkeet net ouni all Risiko fir de Client ass, sollen se elo deemsel-wechte Regime vu prudentieller Kontroll ënnerworf gi wéi déi aner Acteuren op der Finanzplaz och.

Eng vun de Froen, déi sech bei dëser Kategorie vun neie PSFe gestallt huet, war, ob dann elo d'Gestionnaire vu betribsinterne Spuerfongen och missten den Agrément als PSF kréien. D'Ant-wert dorobber ass ganz kloer neen, well dës Spuerfongen net d'Kontroll vun der CSSF brauchen a well se net fir Placementer ausserhalb vum Betrieb genotzt ginn, mä just zum interne Finanz-ement vun der Entreprise selwer. An deem Sënn ass hir Aktivitéit keng finanziell Aktivitéit am Sënn vum 93er Gesetz iwwert d'Finanzplaz. Niewent de genannte Professionel-len, déi reng finanziell Servicer ubidden, existéieren där awer och nach, där hir Aktivitéit a priori keng finanziell ass, mä déi als finanziell betruecht ka ginn, wa se am Kon-text vun anere reng finanziellen Operatioune stattfënn.

Dat ass méi de Fall, well och dës Professioneller hir Servicer virun al-lem op der Finanzplaz an och ron-derëm d'Finanzplaz ubidden. Dee ganze Finanzsektor spezialiséiert sech ëmmer méi a bestëmmten Aktivitéite gi vun den ursprüng-leche PSFen nëmme méi ganz be-grenzt oder guer net méi ugebue-den, well se sech anerwäiteng spezialiséiert hunn a gewëssen Déngschtleeschunge vun anere maache loossen oder se einfach outsourcen.

Déi Gesellschaften oder Persou-nen, déi esou ausgelagert Servicer offréieren, ginn an dem zweeten Deel vum Projet elo och geregelt a si ginn dem Regime vun de PSFen a Saachen Agrément a Kapital ën-nerworf. Och elei wëll ech kuerz opzielen ëm wéi eng spezifesch Aktivitéiten et sech do handelt:

- d'Agents de communication à la clientèle, déi confidentiel Informa-

tioune weiterleeden, déi sech op reng finanziell Aktivitéite bezéien;

- d'Agents administratifs vum Fi-nanzsektor, déi sech fir aner PSFen ëm deenen hir administrativ Ofleef këmmere ;

- d'Operateure vun den informa-tesche Systemer an de Kommuni-kationsréseauë vum Finanzsec-teur;

- déi Professionell, déi Gesellschaf-te grënnen a verwalten.

Déi Professionell, déi am Sënn vum Domiciliationsgesetz als Domici-liataire vu Gesellschaften uner-kannt sinn, dierfen och ënnert dë-sem neie Gesetz Gesellschafte grënnen an och verwalten. Dat fällt an hiren Aktivitéitsberäich mat eran.

An deem Kontext huet sech dann och d'Fro gestallt, ob déi Konzer-ner, déi um Siège vun hirem Grupp nach weider Gesellschaften aus deem Grupp domiciliéieren, elo sollen Domiciliatairen am Sënn vun der PSF-Gesetzgebung ginn. Dat ass net de Fall, well déi applicabel Gesetzgebung och elo schonn a weiderhin d'Domiciliatioun vu Ge-sellschaft bei anere Gesellschaf-ten erlaabt, déi op si e bedeiten-den Afloss ausüben. Et ass also kee Problem fir Gesellschaftsgrup-pen de Siège vun all hiren Deelge-sellschaften op engem an deem-selwechte Site ze behalen, an zwar ouni datt se dofir den Agrément vun der CSSF bräichten.

Schliesslech gesäit de Projet vir, datt dëst Gesetz den éischten Dag vum zweete Mount no senger Pu-blikatioun a Kraaft trëtt. Duerno hunn all déi Concernéiert nach sechs Méint Iwwergankszäit fir sech mat deenen neie Regeln a Conformitéit ze setzen.

Voilà, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat sinn déi grouss Zich vum Projet 5085 iwwert dee mer de Moien ofstëmmen. Et ass mat Sécherheet e wichtigen Text, deen enger reeller Demande vun der Finanzplaz entsprécht an dee mer dofir och ganz séier konnten duerch den Instanzewee bréngen. Ech wier frou, wann d'Chamber dësem Text eng grouss an eng breet Zoustëmmung géif ginn, an ech soen lech alleguerte merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Als éischte Riedner ass den Här Norbert Hau-pert agedroen. Den Här Hauptert huet d'Wuert.

Discussion générale